

# Gemengebuet

**20. DEZEMBER 2024**

**#LIEWENZUESCH**

esch


☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

# 20. DEZEMBER 2024

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →



**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**20. Dezember 2024**

*Réunion à huis clos*

## 1.1. Questions de personnel ; décision

## 1.2. Office social ; question de personnel ; décision

*Réunion publique*

## 1.bis Modifications de l'ordre du jour ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleege vum Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis eventuell iwwer de Stream oder EschTV suivéieren, ech begréissen lech dann hei an der ëffentlecher, am ëffentlechen Deel vun der haiteger Sëtzung.

Par rapport zum Ordre du jour wollt ech de Gemengerot froen, ob mer d'Punkte 4.4.1 an 4.4.2. no vir réckele kënnen. Bei der Konventioun geet et ëm d'Relatioun mat de kulturellen Institutiounen hei an der Stad Esch. A beim Avenant ass et sou, do krute mer e Bréif vum Kulturministère, wou nach eng Kéier en zousätzleche Subsid eigentlech dobäi kënnt a wou ech da wollt froen, ob mer kënnen deen och mat zu deem Moment stëmmen.

Dat heescht, dass eeben de Punkt 4.4., d'Konventioun, géing zum Punkt 2.2. ginn. An dass dann den Avenant zum Punkt 2.3. géing ginn. Wier dat okee? Dat musse mer der Form no ofstëmmen, wann et keng Remarken dozou gëtt. Da stëmme mer dat of.

**Vott Ordre du jour.**

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2. Conservatoire ; organisation scolaire ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da fänke mer mam Punkt 2 un. Dat ass dann d'Organisation scolaire vum Conservatoire. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch dat aktuellt Museksgesetz si mer weiderhi verflicht, eng provisoresch an eng definitiv Schoulorganisatioun ze maachen an ze votéieren. Déi provisoresch an déi definitiv Schoulorganisatioun ënnerscheede sech virun allem doduerch, dass déi definitiv weesentlech méi detailléiert ass.

An der definitiver Schoulorganisatioun hu mer déi genau Zuele vu Schüler pro Klass a pro Enseignant. Dëst Joer hu mer 1.290 Schüler, wat e liichte Plus ass par rapport zu dem leschte Joer, wou mer der 1.223 haten. Déi 1.290 Schüler besichen 1.275 Coursen.

D'Kollaboratioun mat der Ecole Internationale hei zu Esch a mat de Gemenge Schëffleng a Suessem ass och weiderhi wichteg an dréit hir Friichten.

Mir bidden dëst Joer Klasse vun Eveil bis Formation musicale 2 un. 490, also 37,98 % vun de Schüler, kommen aus Esch, 570, dat si 44,19 %, kommen aus verschiddene Gemengen aus dem Land, 230, also 17,83 %, kommen aus dem Ausland.

Mir hale pro Woch 832,33 Stonne Cours. 397,42 Stonne ginn duerch eis Professeurs de conservatoire, den Directeur-adjoint an den Direkter gehalen, a 434,91 duerch Enseignanten, déi fréier Chargé de cours genannt waren.

An eisem Dokument vun der Schoulorganisatioun sinn op der Säit 4 déi eenzel Coursë mat hiren Enseignanten opgelëscht. Am EduMo-Programm sinn d'Coursë mat den Enseignantë ganz am Detail opgelëscht: Cours individuels, Formations libres – dat sinn ënner anerem d'Schüler vum Diplôme de concert. A Cours individuels, do sti sämtlech Eenzelcoursen an Departementer vun der Musek, mam Chant, den Arts de la parole a vun der Pedagogie an Didaktik.

D'Cours collectifs, do fanne mer d'Eveils-Klassen, d'Coursen an der Formation musicale, der Ecriture, der Kannermusek an den Ensemble. An dann d'Formation chorale à théâtrale an den Departement Dance, wou mer och Kollektivcoursen hunn. An dann d'Cours collectifs, dat ass och eng Formation libre. An zum Schluss fanne mer an der Formation libre d'Orchesteren an d'Choralle vum Conservatoire.

Do hannendru kommen am Dokument déi eenzel Dechargë vun den Enseignanten. Op de leschte Säite sinn d'Tâchë vun allen Enseignantë mat hire Graden an Diplomer opgelëscht.

Ech géif Iech bieden, der definitiver Schoulorganisatioun Är Zoustëmmung ze ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Tonnar huet d'Wuert.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Jo, wéi ëmmer kënne mer nëmmen dat ënnerstëtzen an d'Direktioun an all d'Enseignantë felicitéieren. A wa mer déi Zuele gesinn, vun 1.293, déi erëm ëm 70 an d'Luucht gaangen ass, da gëllt dat, wat mer d'lescht Woch an de Budgetsdebatte gesot hunn. Wou mer och iwwerzeegt sinn, dass de Schäfferot dat wäert gutt an d'Hand huelen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci. Soss nach Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2.2. Convention relative aux institutions culturelles ; décision

## 2.3. Avenant à la convention relative aux institutions culturelles ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. An dann déi zwee Punkten, déi mer no vir geréckelt hunn. D'Konventioun fir institutionell, nee pardon, fir kulturell Institutiounen an den Avenant, deen dozougehéiert. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm eng Konventioun mam Ministère de la Culture, wou mer finanziell vun hinnen ënnerstëtzt ginn.

Dat do ass nach net dat, wat geplangt war 2022, datt sollt mat de Gemengen, déi wëllen e Pacte communal Culture gemaach ginn. Et ass nach net de Pacte Culture, deen definitiv a senger definitver Versioun, mee et ass eng Konventioun, déi et erméiglecht de Ministère, eis Suen ze gi fir dëst Joer, fir eis Institutiounen ze ënnerstëtzen.

Et ass esou, datt mer fir also 2024 – an déi Konventioun, déi rapportéiert sech op 2024 – festhält, datt mer e Montant vun 950.000 € vum Ministère kréien, déi opgedeelt sinn: 100.000 € op d'Bridderhaus, 100.000 € op de Conservatoire, 300.000 € op d'Konschthal a 450.000 € op den Theater an den Ariston.

Et sinn och Konditiounen, fir déi Suen ze ginn, an där Konventioun festgehalen, notamment musse mer eis un déi verschidde Charten halen, déi mer schonn ënnerschriwwen hunn. D'Charte de déontologie par rapport zu den Artisten – dat heescht, datt mer se anstänneg bezuelen, anstänneg traitéieren.

Et ginn och aner Konditiounen nach par rapport zu der Accessibilitéit vun de Lieuen, fir de Public. Et geet drëm, datt mer Egalité des chances an Gendergerechtegkeet an eisen Insititutioune bäihalen, datt mer sou gutt wéi méiglech eko-responsabel an den Institutioune virginn.

Et ass wéi gesot eng Konventioun, déi sech op dëst Joer berifft. An da wäerte mer, en cours vun dem nächste Joer wäerte mer dann effektiv an d'Negociatioune goe mam Ministère, fir dann de Pacte Culture mat der Escher Gemeng ofzeschléissen an och dann dee Moment ze stëmmen.

Den Avenant, vun deem den Här Buergermeeschter virdru geschwat huet, ass d'Resultat vun engem Appel à candidature oder engem Appel à projet, dee vum Ministère gemaach ginn ass. An do hat den Theater sech gemellt, fir hire Projet „Esch by

night", an dat am Kader vun der Mediation culturelle. An do krute mer nach e Montant supplémentaire vun 20.000 € fir den Theater accordéiert.

Voilà, ech géif Iech bieden, där Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen zu dëse Punkten? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, natierlech gi mer eis Zoustëmmung zu deem Punkt hei, zu där Konventioun.

Dat kann de Schäfferot just encouragéieren, weider beim Ministère virstelleg ze ginn, well et ass awer par rapport zu anere Konventiounen, déi de Staat mat, generell de Staat mat verschiddene Gemengen huet, ass et just e Brochdeel vun de Käschten, déi d'Stad huet an den Invester, déi mer maachen.

Mer hunn no Esch22 eng ganz Rëtsch Insitutioune weider kritt, déi mer och finanzéieren. An dat ass och wichteg a gutt esou. An ech kann de Schäfferot just encouragéieren, fir weider virstelleg ze gi beim Ministère, fir déi dote Konventioun och, sou gutt et geet, reegelméisseg ze erhéijen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmolls merci. Wann et soss keng Wuertmeldunge gëtt ... wëllt Der äntweren, Här Knaff?

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Nee, ech mengen, den Här Baum huet Recht. Mer musse kucken, datt mer equitabel vum Ministère behandelt gi par rapport zu eise Kulturinstitutiounen.

Mir si jo nach op aneren Niveaue mat dem Ministère verbonnen, notamment wat de Musée de la Résistance ugeet, wat d'Kufa ugeet. Mir hunn nach e gréissere Projet vu Renovatioune vun der Kufa, wou mer mussen effektiv bei de Ministère virsprieche goen, fir do ze kucken, datt d'Kultur zu Esch och vun hinne gewürdegt gëtt.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 3. SUDSTROUM ; bilan et augmentation de capital ; discussion et décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt. Dat ass de Bilan d'augmentation vum Kapital vun der Sudstoum. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir verschiddener vun den Alldagsbesoine vun eise Biergerinnen a Bierger ze decken, huet d'Stad Esch sech iwwer Joren a Joerzéngten innerhalb vu Gemengesyndikater mat anere Gemengen zesummegedeoen.

Dat ass zum Beispill de Fall an der Offallgestioun, wou mer fir Deeler vun där Gestioun am SIDOR, an der Minett-Kompost, am SIVEC mat anere Gemengen zesummeschaffen. Dat ass sécher och de Fall am Beräich vum Waasser, wou mer als Gemeng am SES dobäi sinn, am Contrat de rivière.

Dat ass awer net de Fall am Beräich vun der Energie, wou d'Situatioun e bëssen anescht ass, wou mer net organiséiert sinn a kommunale Syndikater, mee wou d'Stad Esch Participatiounen huet an insgesamt dräi Societéiten, déi de loin oder de près mat Energieproduktioun ze dinn hunn.

Et geet do am spezifeschen ëm d'Sudenergie, d'Sudstroum an d'Sudcal. An ee vun den dräi Societéiten, am spezifeschen d'Sudstroum, ëm déi geet et haut. Déi gehéiert zu 100 % der Stad Esch. A méi konkreet geet et haut ëm eng noutwendeg Kapitalerhéijung an der Héicht vun 2 Milliounen Euro fir d'Liquiditéitsbesoine vun der Societéit, notamment am Beräich vum Invest, ze decken.

Doriwwer muss de Conseil communal haut am spezifesche befannen. Mee wéi d'lescht Woch scho versprach, wollte mer awer d'Geleeënheet notzen, fir de generelle Point ze maachen iwwer d'Situatioun vun der Sudstroum, iwwer de Rapport d'acitivité souzesoen.

D'Sudstroum ass eng wichteg Societéit fir Esch. Se erlaabt et eis, eis Stroumproduktioun als Escher, oder eise Stroum als Escher an eegener Hand ze hunn. D'Sudstroum erlaabt et eis, selwer ze bestëmmen, wou eise Stroum hierkënnt, a se erlaabt et eis, sécherzestellen, dass de Stroumpräis fir d'Leit fair a bezuelbar bleift.

De Stroum, deen un d'Clientë geliwwert gëtt, ass 100 % erneierbar. An natierlech huet d'Aktivitéit vun der Sudstroum och e finanziellen Impakt fir eis Stad. De Benefice geet integral un d'Stad Esch zeréck an déi Sue kommen domat den Escher Leit zegutt.

Doriwwer eraus huet d'Sudstroum, géing ech soen, am ganz breede Sënn vum Wuert och eng gesellschaftlech Vocatioun, notamment iwwer hire staarken Engagement fir d'Escher Kulturzeen an och fir de Sport.

Fir de Point ze maachen iwwer d'Aktivitéiten an de Bilan vun der Societéit, ass den Torsten Schockmel hei. Den Torsten ass Directeur administratif et financier vun der Sudstroum.

Hie wäert elo de Point maachen iwwer déi aktuell Situatioun, iwwer d'Aktivitéiten an de Bilan, an duerno wäert ech den Ausbléck maachen a méi konkreet op d'Projete vun der Sudstroum agoen a wéi eng Plus-value se fir d'Clienten an och fir d'Escher Leit huet.

Voilà, dann domadder, Torsten Schockmel, du hues d'Wuert. Oder Dir hutt d'Wuert.

**Torsten Schockmel**

Majo villmools merci, datt ech eng Kéier däerf heihinner kommen, fir eng Kéier d'Sudstroum am Detail e bësse virzestellen.

Also ech ginn elo net ze vill an den Detail, well dann dauert et e ganzen Dag. Mee ech kucken awer, e bëssen d'Punkten ze beschwätzen, wat mer sou maachen a wat mer och déi lescht Jore gemaach hunn.

Fir unzefänken, ech mengen, d'Sudstroum, déi ass 2008 gegrënnt ginn. Dat war hin op eng europäesch Direktiv, déi deemools verflicht huet, dass d'Gemengen alleguer hu missen, d'Déngschtleeschtung vum Stroum hu missen erausginn, an eng Societéit paken.

Dat heescht, deemools war de Vott hei am Gemengerot gemaach ginn, dass eng Sudstroum gegrënnt gëtt. Dat bedeit, wéi d'Opstellung ass, du gouf sot, okee, de Choix ass gemaach ginn, fir eng SARL-COSCS. Dat ass eng Commoditt-Gesellschaft.

Fir d'éischt emol, d'Sudstroum huet da missen d'SARL gegrënnt ginn. Déi huet dann 1 % vum Kapital an déi Commoditt-Gesellschaft bruecht. An dann nach déi 99 % si vun der Gemeng komm, sou dass d'Sudstroum zu 100 % an der Hand vun der Gemeng ass.

Dat bedeit awer och, déi Commoditt-Gesellschaft bedeit, dass de Benefice ëmmer muss integral ausbezuelt ginn. Mir hunn net d'Méiglechkeet, Reserven unzeleeën, wéi dat bei enger SARL zum Beispill de Fall ass. An doduerch si mer eigentlech ëmmer drop ugewisen, entweeder, wa mer Sue brauchen, eng Kapitalerhéijung ze kréien oder bei d'Bank Sue léinen ze goen.

An dat ass och – fir virzegräifen, bei d'Bank Sue léine goen, dat kascht ëmmer. Dat ass net gratis. An dofir sinn ech ëmmer éischter dofir ze soen, komm, mer maachen eng Kapitalerhéijung, dass dat mat dem Benefice, dee mer generéiert hunn, eis quasi domadder finanzéieren.

Mee wat elo d'Sudstroum ... wat fir Servicer bidde mer un? Et ginn dräi grouss Sparten. Dat ass de Reseau an d'Energie, déi mer zënter 2008 maachen. Ech mengen, Dir hutt matkritt, et gëtt eng Creos, et gëtt eng Enovos. Firwat hunn déi dat opgespléckt? Majo, déi europäesch Direktiv huet och gesot, ab 100.000 Clientë muss een zwou Societéite maachen. Awer well mir déi 100.000 Clienten net haten, kënne mir déi zwee bedreiwen.

2021 ass nach Telcom dobäi komm. Ech mengen, dat hutt Der och matkritt. Dat sinn elo déi dräi Haaptsparten, déi mer hunn.

Fir e bëssen an den Detail ze goen, elo de Reseau. Deemools war jo och déi grouss politesch Diskussioun, wat maache mer mam Reseau. Mir mussen en iergendwéi, mir dierfen net méi selwer exploitéieren. An do ass de Wee fonnt ginn, mee si däerf en awer nach besëtzen. Dat heescht, d'Gemeng ass ëmmer nach am Besëtz vum Reseau.

Dat heescht, dee Moment hu mer – fir emol virzegräifen –, hu mer e Contrat de concession gemaach. Dat heescht, mir pachten de Reseau bei der Gemeng. Wat mer och gemaach hunn, Contrat de prestation de service, wou mer dann higaange sinn an d'Personal vun der Gemeng, déi am Reseau schaffen. Dat heescht, mir schaffe mat deenen ëmmer zesummen. Dat heescht, mir bezuele se, mir kréie Revenuen a mir bezuelen déi dann.

Voilà, dat ass alles gereegelt ginn. Dat ass och haut nach esou. Dat heescht, d'Planung am Reseau, déi gëtt ëmmer mat der Gemengesäit gemaach. Mir deele just mat, wann elo iergendwellch gesetzlech Bestëmmunge sinn,

déi soen, hei, dat an dat muss gemaach ginn, da maache mir dat.

Wat awer wichteg ass, de Reseau, dat ass e Monopol hei um Territorium zu Esch. Dat heescht, et däerf keen aneren e Reseau, e Stroumreseau hei bauen. Dat heescht, an där Hisiicht ass de Virdeel, dass ee keng Konkurrenz am Reseau huet, mee en aneren Nodeel ass, et ass e reguléierte Marché, dee vum ILR kontrolléiert gëtt. Dat heescht, mir däerfen net maachen, wat mer wëllen. Mir kënnen net einfach elo Wucherpräisser maachen, well da seet den ILR, nee, dat do geet net.

An dofir ginn zum Beispill d'Revenuen, also d'Netztariffer, déi ginn u sech vum ILR definéiert, also wéi se berechent ginn an och herno accordéiert, wa mer se berechent hunn. Well mir mussen nämlech higoen ... mir hunn eis Käschten, déi stelle mer op, da gi mer de Plang bei den ILR eran a soen, voilà, dat do sinn eis Käschten. An da gestatte si eis eng Marge vu Benefice, wou mer kënne maachen. An doropshi ginn déi Käschten dann definéiert.

Dat heescht, déi Marge, déi ass normalerweis sou ëm 6 % Benefice, dee mer am Reseau däerfe maachen. An dat ass per Gesetz festgehalen.

An och den ILR, hie bestëmmt, wéi déi Berechnung muss gemaach ginn. A mir kënnen och net all d'Käschten do eranhuelen, mir kënnen net higoen a soen, mir hunn elo – ech weess net, e blöd Beispill –, mir hunn elo Bësch kaaft. Da soe si, wat huet dee mam Stroumreseau ze dinn. Dat kënnt dir net geltend maachen zum Beispill.

Dat heescht, dofir si mer verflicht, schonn a Saachen ze investéieren, déi och mam Reseau ze dinn hunn.

Wat awer och elo ass, vu dass de Reseau der Gemeng gehéiert an d'Sudstroum jo awer u sech déi ganz Administratioun hannendru mécht, maache mer de Prefinanzement vum Reseau. Dat heescht, mir kafen alles an, wat de Reseau brauch, an dann um Enn vum Joer gëtt dat un d'Gemeng weiderverrechent, fir dass si Proprietär vum Reseau bleiwen.

Do ware viru Joren eng Kéier an der Diskussioun, ob dat sënnvoll wier, vu dass d'Gemeng jo wëll Proprietär bleiwen, musse mer dat maachen. Am anere Fall, wa mer et net géifen un d'Gemeng weiderverrechnen, da géif d'Sudstroum op eemol Proprietär vum Reseau ginn, an dat war awer sou ni gewollt.

Ech ginn elo net op déi technesch Saache vum Reseau elo an, well dat op Gemengesäit ass. Ech kucke just kuerz d'Fonctionnement. Wat awer och elo ass, am Moment komme relativ vill nei Gesetzer an och Reglementer vum ILR. Dat heescht, mir sinn um Wee, de Reseau, sou wéi e bestanen huet, amgaangen, ze modifizéieren.

Dat heescht, de Reseau muss modifizéiert ginn, well einfach déi nei Erausfuerderunge kommen, wéi zum Beispill ëmmer méi erneierbar Energien, et kënnt Elektromobilitéit dobäi. An déi Reseaue ginn ëmmer méi belaascht a se mussen och, wéi mer haut soen, smart gemaach ginn. Also smart Netzer. Dat heescht, dass et méi Interkonnektioune ginn.

Dat heescht, do si mer amgaangen, Pläng opzestellen an och schonn Ëm-strukturéierungen ze maachen. Zum Beispill de SmartMeter, deen installéiert ginn ass, dat war den éischte Schrëtt, fir eng besser Kontroll doriwwer ze hunn, wou de Konsum ass.

Dat bedeit awer och, dass d'Komplexitéit vum Fonctionnement vum Reseau natierlech elo an d'Luucht geet. Wat natierlech och

bedeit, dass mer ëmmer méi spezifesch Leit mussen astellen, fir dass de Fonctionnement nach ka garantéiert ginn.

Elo op déi nächst Schrëtt ze goen, zum Beispill, wat fir Produiten a Servicer mer iwwer d'Netz eigentlech ubidden, oder wat mer maachen. Also ab 2008 hu mer ëmmer d'Netztariffer gerechent a vum ILR accordéiert kritt.

An da kommen och d'Leit bei eis, wa se e Raccordement brauchen. Dat heescht, wa se gebaut hunn, da komme se bei eis a se froe e Raccordement un. Dat heescht, mir ginn dat da weider un de Reseau a si ginn en dann do installéieren a mir facturéieren dat dann herno.

Wéi Der gesitt, bis 2017 ass elo am Netz net wierklech vill geschitt. Et si scho Saache geschitt, éischter sou informatesch, awer näischt elo wat de Bierger elo direkt impaktéiert huet.

Wat awer elo fir eis och wichteg ass, 2017 hu mer d'Market Communication agefouert. Virdrun ass, wann zum Beispill e Client sech ugemellt huet, deen awer bei engem anere Fournisseur de Stroum geholl huet, dat huet awer misse bei eis gemellt ginn an dat ass ëmmer op Pabeier bis dohi gemaach ginn.

An 2017 ass dat alles informatiséiert ginn, wat e Risenopwand bedeit huet, och informatesch. An dat leeft awer elo. Wat awer och haut eis erëm zeguttkënnt, fir mat all deenen Ännerungen, déi kommen, fir dass mer kënnen do méi séier reaktiv dem Bierger entgéintkommen.

Wat 2017 och geschitt ass, d'Participatioun um Chargy.lu. Ech mengen, dat sinn déi Bornen, déi kennt Der sécherlech. Hutt Der schonn alleguerte gesinn. Do hat deemools de Ministère virgeschriwwen, et missten 800 Bornen am ganze Land opgeriicht ginn. Déi sinn och elo opgeriicht ginn.

Och hei zu Esch hu mer der missen opriichten. Ech mengen, och hei am Brill-Parking ginn et der; déi sinn zum Beispill vill benotzt. Am Ellergronn gëtt et zum Beispill och eng; déi ass net sou vill benotzt. Dat heescht, et ass ënnerschiddlech. Mee se sinn iwwerall.

Wat awer elo – nach eng Klamer op –, de Chargy, dee geet elo an eng Soumission publique eran. Dee gëtt elo verkaf. Dat heescht, Sudstroum huet do participéiert um Chargy mat der Creos zesummen, mat Netzbedreiwer. An d'Netzbedreiwer däerfen esou ee Service u sech net ubidden. An dofir gëtt gëtt dat elo verkaf, an do ass eng Soumissioun, wou mer dovunner ausginn, datt och vill Petroliere wäerte matmaachen, fir dat kënnen ze exploitéieren.

Jo, 2018, ech mengen, dat hutt Der bestëmmt alleguerte matkritt, do ass ... ech mengen, am meeschten hate mer iwwer d'ELCO gemaach. Do ass ee vun der ELCO komm (0:23:10) an huet gesot, ech kommen de Compteur wiesselen. Dat heescht, deen Dréischeiwecompteur, dee mer haten an deen ee Mol am Joer ofgelies ginn ass, ass duerch e SmartMeter ersat ginn, wou mer da wierklech Daten hunn all Mount, fir éischtens emol dem Client kënnen eng monatsgenau Rechnung maachen.

De Client huet och en Iwwerbléck drop, ob en an engem Mount méi oder manner verbraucht huet. An och fir eis de ganzen Handling, zum Beispill fir den Akaf vum Stroum. Mir wësse méi genee, wéini d'Leit consomméieren, mir kënnen da méi genau um Marché akafen. Mee do kommen ech herno nach drop.

Déi Mise en place vun de Compteuren si mer wäit iwwer 95 %. Dat war och d'Zil, wat mer hu missen erreechen. Et sinn nach, mengen ech, eng 200 Compteuren, déi nach net ersat gi sinn; aus ënnerschiddleche Grënn. Sief et dass d'Installatioun net konform ass, sief et,

dass Leit sech dogéint opposéieren. Dat sinn der awer éischter wéineg. Mee mir sinn do drun, fir och déi nach ze ersetzen.

Wat och interessant ass ze wëssen, well dat héiert Der vläicht heiansdo, d'Kommunikatioun vun engem Compteur. Dat ass net sou evident. Déi musse jo kommunizéieren, an do ginn et oft Störfaktoren, dass mer och net ëmmer déi 100 % vun deenen Donnéeën ëmmer kënnen direkt ofruffen.

Dat heescht, och do hu mer da Leit, déi da mierken, okee, de Compteur kommunizéiert net, da schécke mer een op d'Plaz kucken, wat ass de Problem. Dat kann eng grouss Villfalt vu Problemer sinn, firwat dass deen net kommunizéiert.

2022, dat ass eppes, wat eebe wichteg ass fir de SmartMeter. Do hu mer de Service SCADA kreéiert. Dat ass u sech d'Iwwerwaachung vum Netz. Do si mer amgaangen elo, de System leeft elo. An elo geet et drëm, alleguerten déi Transformatiounsposten, déi MT-Transformateuren do elo ze konnektéieren, déi ze iwwerwaachen. Dat heescht, wann eng Pan nass, da kann ee méi séier erausfannen, wou de Problem ass an da kann een och méi séier reagéieren.

2023, dat hutt Der sécherlech och matkritt, mëttlerweil kann ee Communautés énergétiques maachen. Ab 2023 geet dat. An do hate mer och relativ séier een, dee sech gemellt huet, deen eng Communauté énergétique wëllt maachen. Dat heescht, hien huet eng Photovoltaikanlag an da verkeeft e säi Stroum u säin Noper oder a sou fort.

Dat heescht, dass eng Form vun Auto-consommatioun kënnt, wou een dann net méi un e Fournisseur ugewisen ass. Okee, eng Photovoltaik ... Dir wësst am Wanter, haut ass d'Produktioun quasi Null. Do brauch een dann awer nach e Fournisseur, fir kënnen ze funktionéieren.

2024, dat ass elo amgaangen. Mir si schonn amgaangen, éischt Tester ze maachen. Dat heescht, et ass éischter méi 2025, wou d'Bierger ugeschriwwe ginn.

De Staat hätt gären, dass jiddwereen eng energeetesch Identitéit kritt. Dat heescht, de Client kann dann iwwer eng Plattform, déi heescht Leneda, dee kann dann doriwwer seng Date kucke goen. Da gesäit en och säi Verbrauch, seng Véierelstonnewäerter. Do kann e wierklech, zum Beispill, wann en en Elektroauto huet, da gesäit en, a jo, déi Stonn hunn ech gelueden.

An dat ass och am Hibléck fir déi ganz Transition énergétique, fir dann an Zukunft besser plangen ze kënnen. An och d'Leit, fir dass se d'Moyenen hunn, fir sech zesummenzeschléissen an och vläicht aner Produiten ze maachen.

Also do ass, mengen ech, am Moment der Fantasie nach relativ grouss, also opgelooss, wat een alles domadder ka maachen. Op jidde Fall, et geet drëm, fir dass d'Clienten och méi onofhängeg ginn, awer och, dass een déi ganz Quantitéit ka besser geréieren.

Elo hunn ech e bëssen iwwer de Reseau geschwat. Dat war vläicht de bësse méi kuerzen Deel. Elo komme mer bei d'Energie. Dat ass éischter mäin Dadda.

Wat bidde mer un Energie un? Also fir d'éischt emol de Fonctionnement vun der Energie. Also d'Enerngie ass e liberaliséierte Marché. Dat heescht, do ass eebe kee Monopol. Do ginn et verschidde Konkurrenten an de Client ka sech de Fournisseur eraussichen, wéi e wëll.

Dat heescht, mir hunn awer och d'Méiglechkeet, d'Präisser selwer ze bestëmmen. Wa mir elo decidéieren, mir maachen den deierste Präis mat enger Marge vun 200 %, dann ass dat eis Entscheedung. Mee et riskéiert, dass d'Leit dann alleguer fortlafe bei de Konkurrent a soen, do ass et méi bëlleg.

Wat och eeben ass bei der Sudstroum, zënter 2008 hu mer d'Méiglechkeet, fir aktiv am ganze Land ze sinn. Dat heescht, mir hunn och Clienten ausserhalb vun eisem Reseau. Also mëttlerweil si mer bal bei 20 % ukomm vun eiser Clientèle ass ausserhalb, am ganze Land – et kënnt herno eng Grafik.

Ech hat jo scho gesot, mir sinn a Konkurrenz mat anere Fournisseuren, à libre choix de fiction des prix hat ech och. Wat awer och wichteg ass ze wëssen, sou liberaliséiert ass de Marché net. Well den ILR, virun allem wat elo d'Menageren ugeet, déi kontrolléiere schonn, wat mer maachen. Déi kucke schonn, dass d'Konsumenterechter gewaart ginn.

Dat heescht, souguer wa mir elo géifen e Wucherpräis maachen, da géif den ILR sech warscheinlech scho bei eis mellen a soen, Moment, firwat ass Äre Präis exorbitant héich. Aus wat fir Grënn maacht Dir dat?

Also, et ass net, dass mer elo, an der Theorie jo, mee an der Praxis leeft dat aneschters. Zum Beispill mam ILR hutt Der eng Mediatiounsstell agefouert. Dat heescht, wann e Client mat eis net averstanen ass, da mellt e sech beim ILR a seet, hei, ech hunn e Problem mat mengem Fournisseur, kann ech eng Mediatioun maachen.

An da musse mir eis da vis-à-vis vum Mediateur rechtfäerdegen, firwat mer dat gemaach hunn. Zum Beispill, e Client, dee gespaart ginn ass, oder e Client, deen eng extreem héich Rechnung huet – dat hate mer schonn. Voilà, an da gëtt ëmmer e commun Accord fonnt.

A mir haten nach net allze vill. Ech mengen, mir haten elo eng véier, fënnef där Mediatiounen, déi eigentlech och ëmmer gutt verlaf sinn, wou mer konnten dem Client erklären, dass dat, wat mer gemaach hunn, richteg ass.

Wat awer och zum Beispill ass, sou Prozeduren kontrolléiert den ILR och bei Spärprozeduren. Déi ass ganz kloer definéiert per Gesetz, wéini mer spären däerfen an ënner wat fir Konditiounen. Zum Beispill haut ass et d'Limitt – okee, souwisou virun de Chrëschtdeeg gi mer net spären, iwwer d'Feierdeeg späre mer net. Mir spären och net, wann et dobausse gefruer ass.

Voilà, do ginn et awer Reglementer. Dat heescht, sou fräi si mer dann net, ëmmer do ze entscheeden, wat mer maachen. Okee, sou iwwer d'Feierdeeg, dat ass eng Decisioun, déi hu mer scho vun Ufank u geholl hunn. Do gi mer net spären, mer wëllen d'Leit net embetéiere wärend de Feierdeeg.

Fir och ze soen, Klamer op, bei de Spärungen, dat ass toute sorte vu Client, dee gespaart gëtt. Also et ass net, dass ee mengt, dat wieren déi, déi elo aarm dru sinn. Nee, nee. Dat ass wäit net ëmmer de Fall. Also do ass de toute couleur ass dobäi.

Okee, ech kann elo net an Detailer goen, well dat Protection des données ass. Ech mengen, dat ass och eppes, wat dobäikomm ass, wou den ILR och kontrolléiert, d'Protection des données.

Wat ech och elo net drageschriwwen hunn, mir sinn och mëttlerweil Infrastructure critique. Dat heescht, och do musse mer vill dokumentéieren a weisen, also dem Staat weisen, den HCPN ass dat, musse mer do rapportéieren, fir eeben och d'Krisen oder Attacken, méiglech Attacken, déi kommen, ofzewieren.

Well grad informatesch musse mer beweisen, dass eis Prozesser gutt sinn, well d'Cyberkriminalitéit gëtt ëmmer méi grouss, déi Attacke ginn och méi grouss. Mee dat funktionéiert eigentlech relativ gutt, och wann et mat vill Aarbecht verbonnen ass.

Wat eeben opfält, de Marché, och am Stroum, gëtt ëmmer méi reguléiert. Dat fält eis op. Et kommen ëmmer méi nei Gesetzer, et gëtt ëmmer méi iwwerpréift. Dat huet natierlech och mat der ganzer Kris ze dinn, déi mer haten. Wat jo och iergendwéi verständlech ass. Dat Monster, dat geschaf ginn ass, muss jo iergendwéi erëm gebändegt ginn. A fir dass dat net méi virkënnt, mee dorobber ginn ech och nach elo méi am Detail an.

An dann eeben d'Komplexitéit vum Marché gëtt och ëmmer méi grouss. Vu dass mer an der Transition énergétique sinn – a fréier war et ëmmer méi einfach, ze plangen. Do hat een Atomkraaftwierker, Kuelekraaftwierker. Déi hu konstant produzéiert, an dat ass elo awer net méi. Mir hu ganz vill Wand, ganz vill Sonn. Dat ass net reegelméisseg. An elo geet et eeben drëm, dat eebe sou ze plangen, dass eebe genuch Stroum do ass, fir dass d'Leit kënnen de Stroum consomméieren.

Elo hu mer eng Kéier d'Produiten an d'Servicer, déi mer bei der Sudstroum ubidden. Wat och interessant ass. Am Ufank, jo, dat war relativ einfach. Do hate mer just de Verkaf vum Stroum. Et war ëmmer vun Ufank un 100 % renouvabel. Dat war deemools och sou gesot ginn, wann et nëmme méiglech ass, musse mer kucken, 100 % renouvabele Stroum de Clienten unzebidden.

Dat ass eis bis elo och ëmmer gelongen. Och elo an der Kris ass et e bëssen deier ginn, mee et huet funktionéiert. An awer, zu där Zäit, kann ech mech nach erënneren, eise Konkurrent Enovos, deen hat dat dunn nach net. A mir haten awer trotzdeem e kompetitive Präis.

Déi éischt zwee Joer ware mer liicht driwwer, an duerno ware mer ëmmer drënner. An duerno, iergendwann hu si och dat dann hire Clientë just nach ugebueden, de grénge Stroum. Dat heescht, haut u sech alleguerten déi Fournisseuren, déi um Maart sinn, bidden hire Konsumenten, also d'Menageren, just grénge Stroum un.

Bei de Societéiten ass et erëm aneschters. Do sinn et der nach, déi kee grénge Stroum ubidden, mee och mir bidden eise Societéite just grénge Stroum un.

Am Ufank hate mer och nach Achat/ Production vun de Photovoltaiken an och BHKW hei zu Esch, wat awer relativ wéineg ass. Déi Zäit waren nach net esou vill Photovoltaiken an och BHKWen. Där waren der, mengen ech maximal zwee just. Jo, dat ass och net méi ginn. Dat war relativ gutt gerabel, dat waren der net sou vill.

An iergendwann ass et da lassgaangen an do hu mer gesot, okee, mir musse mol aner Saache maachen. Zum Beispill 2012 hu mer dann déi éischt Born hei zu Esch fir ze lueden hu mer installéiert. Dat war, mengen ech, zesumme mam CHEM hate mer et gemaach. A kuerz duerno hu mer och am Parking Brill Bornen installéiert. An dann huet dat e bëssen den Developpement ugefaangen.

Et war souguer eng Zäit, do hunn ech ëmmer de Geck gemaach, do hate mer da 26 Bornen hei zu Esch. Do hu mer gesot, mir hu méi Bornen hei zu Esch wéi zu München. Okee, haut ass dat sécherlech aneschters, mee déi Zäit war dat ëmmer sou e bësse flott, kënnen ze soen, dass ee vis-à-vis vun enger grousser Stad viraus war.

2014 do hu mer dann de Carpool ZAD gegrënnt. Ech mengen, déi Autoen hutt Der sécherlech scho gesinn, hei ronderëmfueren. Dann hu mer gesot, okee, de Carsharing, dat

war deemools en Theema, dat opkomm ass. Do hu mer gesot, komm, mer maachen dat och, mir testen dat emol. A jo, do hu mer dat agefouert an hu musse soen ... ech mengen, et besteet haut ëmmer nach. Et funktionéiert gutt. Déi Autoe gi genotzt vun all deene Servicer. Also d'Gemengeservicer däerfen deen notzen.

An elo si mer awer amgaangen, de Renovatiounssystem, hutt Der vläicht och matkritt, dee gëtt elo iwwer d'Chrëschtdeeg gewiesselt, well de Fournisseur, dee mer haten, fir d'Renovatiounen, deen hält op. Dat heescht, mir kréien elo en neien.

Mee do ass awer och d'Iddi, elo dee Service un d'Gemeng ze verkafen. Well et war eigentlech ëmmer nëmmen e Projet, dee mer gemaach hunn. An duerch d'Kris ass dat e bëssen aus dem A komm gewiescht ze soen, okee, de Plang war jo u sech, un d'Gemeng ze verkafen. Well et ass haaptsächlech d'Gemeng jo, déi zu 99 % funktionéiert. Vun der Sudstroum däerfen der zwar och, mee u sech brauche mer e bal ni.

2015 hu mer dann ugefaangen, Conseil en énergie gratuit de Clienten unzebidden. Dat heescht, d'Leit kënne bei eis kommen a soen, hei, ech hunn en héije Verbrauch, ech verstinn dat net. An dann hu mer en Expert, dee setzt sech mam Client a Kontakt an dee geet zur Nout dann och op d'Plaz kucken, fir erauszefannen, firwat ass de Verbrauch dann an d'Luucht gaangen.

Do ginn et och Anekdoten, wou een da seet, ech verstinn dat net, ech hu sou en héije Verbrauch. An da geet ee kucken, jo, dann hu se e geheizte Koi-Weier. Jo, da sinn heiansdo d'Erklärunge banal. Oder e Commerçant seet, ech verstinn dat net, ech hu sou en héije Verbrauch. Da geet ee kucken an dann huet en en total veräisten Tiefkühler, deen hallef op ass. Jo, dee verbrauch da vill Energie.

Majo, do konnte mer de Clienten och eigentlech bis elo ëmmer hëllefen an erklären, firwat de Verbrauch sou héich ass.

2016, dat ass eppes, denken ech, wat och wichteg ass, wat och méi elo zum Theema wäert ginn. Do hu mer eis éischt, also d'Sudstroum huet déi éischt Photovoltaik hei zu Esch gebaut. Dat heescht, déi Sudstroum gehéiert.

Virdru waren anerer, déi se gebaut hunn an dann eis d'Energie verkaf hunn. Mee mëttlerweil baue mir selwer Anlagen. Déi éischt, dat war déi op der Brill-Schoul, mengen ech. Jo. An do war och nach d'Lallenger Schoul dobäikomm. An haut sinn et eng 20 Stéck ongeféier op de Gemengendiecher.

2017 ass dann d'Charge publique dobäikomm. Dat heescht, de Chargy, deen Der kennt. Dat heescht, d'Leit konnte bei eis eng Kaart huelen, fir eeben op de Chargy-Borne kënnen ze lueden.

Ganz vill hu mëttlerweil eng. Mir hunn awer deemools sou agefouert, well vill Leit och net lueden oder just fir de Bedarf brauchen a soen, okee, et bréngt elo näischt, d'Leit all Mount 2 € ze froen, fir dass se net lueden. Do hu mer gesot, okee, wann Der eng Facture electionique huelt an eng Domiciliatioun, dann ass et null. Dat heescht, da kritt Der zwar eng Facture geschéckt, déi ass null.

Et ass just an deem Fall, wou se wëllen eebe gären eng Pabeiersrechnung wëllen hunn, da verrechne mer eppes, well dat jo awer mat Fraise verbonnen ass an och den Opwand e bësse méi grouss ass. An dat funktionéiert och relativ gutt. Déi meescht hunn da fir d'Domiciliatioun an och d'Facture électronique optéiert, sou dass keng zousätzlech Käschten op se duerkommen.

2021, dat war och e bëssen elo fir eis e kruziale Moment. Do hu mer ugefaangen,

d'Produktioun ausserhalb vun Esch opzekafen, PVen. An dat ass eppes, wat relativ gutt funktionéiert. Well am Moment esou e richtege Run ass op PVen, an doriwwer kréie mer, muss ech och soen, relativ vill Clienten, déi bei eis dann ënnerschreiwen, well mir hinnen dann och d'Energie opkafen.

*(Fro vun engem Gemengerotsmember)*

PVen, jo. Haaptsächlech kleng PVen. Dat si sou Privathaiser. Also ech mengen, am Moment sinn et eng 500 Clienten ausserhalb, déi kleng PVen hunn an eis dat verkafen.

Dat huet awer natierlech och … eis Akafsstrategie musse mer änneren, well mer hei eeben d'Photovoltaikenergie hunn, déi net sou einfach plangbar ass. A sou dass mer hu missen eis Akafsstrategie e bëssen änneren – do wollt ech och nach drop hikommen.

2021 war sécherlech och e wichtege Moment. Mir waren eng Kéier vun ENERDEAL kontaktéiert ginn. ENERDEAL ass – deen een oder anere kennt se vläicht –, dat ass eng belsch Socitéit, déi sech hei zu Lëtzebuerg installéiert hunn, an déi maache just grouss Projeten, Solarprojeten.

An déi hunn e Partner gesicht hei zu Lëtzebuerg an hu gesot, okee, dat ass vläicht eng super Saach. Well am Moment hate mer kee Photovoltaik-Bauer, op dee mer ëmmer ziele konnten. Déi meescht sinn esou debordéiert mat Offeren an Demanden, dass se net ëmmer sou gespronge sinn, wa mer dat wollten.

An ENERDEAL ass eng – et huet sech erausgestallt, wann e Projet do ass, dat gëtt séier realiséiert. An och virun allem zu vernünftege Präisser. Dat heescht, do hu mer 50 % vun de Parte vun där Societéit hu mer eis dann do investéiert an och e puer Projete gebaut. Do kommen ech herno och nach drop.

Mëttlerweil si mer elo awer 100 % Proprietär vun der Sudsolar – do kommen ech och nach drop.

Facturation mensuelle 2022. Ech mengen, dat hutt Der sécherlech och gemierkt. Soss hutt Der ëmmer sou Accomptë kritt an ee Mol am Joer en Decompte. Dat ass fir de Client ëmmer schwéier verständlech gewiescht. Dann huet en all zwee Méint, soe mer, 80 € bezuelt an abeemol ass Enn vum Joer eng Rechnung komm, déi näischt méi mat deenen 80 € ze dinn hat.

Entweeder war se extreem héich oder en huet Suen zegutt gehat. An dann hate mer ëmmer d'Leit am Guichet stoen, déi da gefrot hunn, firwat ass dat sou, ech verstinn dat net. An elo mat der Facture mensuelle, wou all Mount wierklech de reelle Verbrauch verrechent ginn ass, ass dat fir de Client och méi verständlech.

An dann 2023 – dat war och, denken ech, e wichtege Moment fir d'Sudstroum. Do hu mer déi éischt Wärmepompel hei zu Esch installéiert. Dat ass uewe beim Kierfecht bei der Chapelle ardente. An zënterdeem hu mer, géing ech soen, eng zéng Stéck schonn installléiert.

Firwat nach net méi? Ma et ass net sou evident, well déi Technik, déi mer hunn, dat ass fir al Gebaier. Dat ass net fir nei Gebaier, dat ass fir al Gebaier, well do huet et am Vergaangenen ëmmer geheescht, do gëtt et keng Solutioun. Mir hunn awer eng Solutioun fonnt, wou een och al Gebaier just mat Wärmepompel ka beheizen.

Et funktionéiert, dat kann ech aus eegener Erfarung soen. Zënter engem Joer hat ech ni e kaalt Haus.

An et ass eebe just, fir de Service ze entwéckelen, ass et e bësse schwiereg, well mir schaffen do mat externen Installateuren. Déi doe sech e bësse schwéier mat der Technik, se ze installéieren. Well och fir si ass dat nei, an do ass de Lernprozess, deen ass e bësse méi opwendeg.

Sou elo gi mer e bëssen – an dat ass elo vläicht méi interessant, well dat huet jiddweree betraff: de Stroummarché. Ech wollt e bëssen den Historique maachen, wat um Stroummarché lass war.

Dir gesitt, dat do war elo d'Situatioun fir de Produkt 2023, 2024, 2025. Mir kafen eise Stroum net op ee Coup an, net kuerz virum Joresufank, mee wärend dräi Joer am Viraus. Firwat? Mir wëlle verhënneren, dass mer alles zu engem falsche Moment akafen; an da kann et richteg deier ginn.

Op der anerer Säit soen, da verpasst een natierlech och d'Chance, dass een da vläicht net zum niddregste Präis akeeft. Jo, fir den niddregste Präis ze erwëschen, dat ass nëmmen Zoufall. An dofir hu mer eng Strategie, fir iwwer dräi Joer anzekafen.

Wéi Dir gesitt, d'schwaarz Linn ass elo de Präis vum Joer 2023. Voilà, mir hunn akaf iwwer de ganzen Zäitraum. Abeemol 2021 -also ech muss soen, dat war virun der Ukrain-Kris. Dat gëtt ëmmer e bëssen ... d'Leit mengen ëmmer, d'Ukrain-Kris wär Schold gewiescht. Nee, nee. Et ass scho virdrun ugaangen. An och wat duerno komm war, hat näischt méi mat der Ukrain ze dinn.

Also et ass ugaangen an der Pandemie. Jo, d'Wirtschaft huet net sou richteg gedréint, an op eemol ass de Moment komm, do hu se erëm alleguer wëlle produzéieren. De Stroumverbrauch ass an d'Luucht gaangen, d'Demande ass an d'Luucht gaangen, jo, an d'Offer ass net hannendru komm. Do ass de Präis mol schonn an d'Luucht gaangen.

Dunn ass den Ukrain-Krich komm. Dat huet dat och nach eng Kéier ugeheizt. An do ass awer de Phenomeen komm, wou mer alleguerte betraff sinn a firwat mer och vun der Transition énergétique schwätzen.

Et war en extreem dréchent Joer. An dat bedeit net genuch Waasser. Dat heescht, mir hu keng Energie iwwer Waasserproduktioun. Zum Beispill um Stauséi konnte se näischt produzéieren. Dee war praktesch eidel.

Da kënnt dobäi, déi Zäit ass nach relativ vill Kuelestroum produzéiert ginn. Jo, mee d'Schëffer sinn awer net mat der Kuel erbäikomm, well d'Flëss eidel waren. Dat heescht, déi konnten emol net produzéieren.

An dann ass nach dobäikomm: Atomstroum brauch Killwaasser. War och net do. An dat huet natierlech gemaach, dass alles beienee komm ass. An natierlech de Gaspräis war och nach héich. Dat ass och nach dobäikomm. Am leschte Moment kuckt een, da mam Gas ze produzéieren.

An do hate mer dann am August -ech vergiessen et ni – et ass eng Kéier kuerz op 1.000 € eropgaange gewiescht. Normalerweis leie mer bei 50 € ëmmer. Virun der Krisenzäit 50 €, ass op 1.000 € eropgaangen.

Ech ka mech nach erënneren. Ech mengen, den Dag virdrun hunn ech bei mengem Fournisseur ugeruff, hunn ech gefrot: Just als Fro, wann ech et wéilt kafen, géif dat goen? Nee, et ass näischt do. Et ass näischt do, mir kënnen näischt ubidden. De Präis gëtt zwar gehandelt, mee et si keng Quantitéiten do.

Jo, an deem Moment konnt ech just soen, okee, da muss ech eeben elo waarden, an der Hoffnung, dass et erëm erofgeet, fir kënnen iergendwann Energie ze kafen. Dir gesitt, do ass en och net relativ séier erofgaangen.

A meng Chance war, ech hunn iwwer de ganze Summer hunn ech näischt kaaft, well ech virdru scho ganz vill kaaft hat. Ech war relativ gutt, ech war relativ sécher, vun der Stratregie hier war ech gutt. An déi Strategië gi gemaach, fir net alles dem Zoufall ze iwwerloossen. Et ass awer ëmmer e bëssen Zoufall dobäi. Mee fir einfach deem Zoufall e bësse virzegräifen.

An am Endeffekt, zum Schluss vum Joer hunn ech dann de Rescht kaf, an dat huet eebe verhënnert, dass eis Präisser net nach méi héich waren, wéi se scho waren. Mee op de Präis kommen ech och nach.

Dir gesitt awer och déi gréng Courbe, voilà, d'Präisser fir 2024 a 2025 waren net sou héich gehandelt ginn, obwuel se schonn op engem héijen Niveau gehandelt gi sinn.

Wann ech elo op déi nächst Courbe ginn, dat ass elo fir 2025-2027. An Dir gesitt, och do si mer nach wäit iwwer deene 50 €. Et war ee Moment, dëst Joer am Februar huet et ausgesinn, do ware mer eng Kéier kuerz ënner 80 €. Do hat ech gehofft, dat géif esou weidergoen, mee dunn ass et awer erëm an d'Luucht gaangen.

An et ass ëmmer nach, dass mer op engem relativ héijen Niveau sinn. Déi schwaarz Linn, dat ass elo de Präis fir d'nächst Joer. Dir gesitt, deen ass nach héich. Mee wat zouversichtlech ass, fir 2026/2027 – also 2026 déi gréng Linn, 2027 déi rout Linn – de Präis schéngt nach erofzegoen.

Wat och interessant ass, de Präis vun Enovos vis-à-vis vun der Sudstroum. Ech hu just déi zwee geholl. Firwat? Dat sinn déi eenzeg zwee Konkurrenten, déi zënter 2008 nach um Marché verbliwwe sinn. Anerer si verschwonnen oder déi hunn et versicht, et ass awer näischt ginn.

Et sinn awer elo neier dobäikomm zënter 2024. Mee ech kann lech berouegen, fir 2025 hu mer awer de gënschtegste Stroumpräis. Mir leien ënnert deenen. Mee och do gesitt Der, mir hunn et eigentlech ëmmer fäerdegbruecht, ënnert dem Enovos-Präis ze sinn. An de leschte Jore souguer e gudde Krack drënner. Mee dee Präis, dat ass jo net dat, wat de Client bezuelt huet. Et ass jo eng Subventioun ginn.

Hei ass fir just d'Entwécklung, wat de Client bezilt. Dat anert war jo just d'Partie Energie. Do kënnt jo nach Reseau an alles dobäi. Do ginn ech elo gläich och nach op den Detail an. Mee fir ze weisen, wat bezilt de Client u Stroum pro Mount. Et ass iwwer eng Consommation annuelle vun 3000 kW/h, wat géif en am Mount bezuelen.

Am Ufank huet en ëm déi 50 € bezuelt. An d'lescht Joer ware mer bal och op deene 50 €. Dat heescht, d'Leit hu mol an der Kris net onbedéngt sou gelidden, mee elo, well déi Subventioun vum Staat ewechfält, geet en an d'Luucht. Dat heescht, d'Leit bezuelen elo d'nächst Joer ongeféier 20 % méi wéi dat, wat se 2008 bezuelt hunn. Dat heescht, en Duerchschnëttsclient bezilt also 10 € méi am Mount.

Hei ass dann elo e bëssen den Detail. Do gitt Der erschloe vun Daten. Do ass eng Partie variabel. Uewe gesitt Der d'Energie, d'Entwécklung vum Präis. Dir gesitt, 2009 war en héich an du war éischter eng laang Zäit eng Tendenz erof. An elo an der Krisenzäit hat e sech vis-à-vis vun deemools praktesch dubbléiert.

An och de Reseau, wann een op 2023 kucke geet, dee war ee Moment extreem héich. Firwat ass de Reseau héich ginn? Jo, dat huet domadder ze dinn – et gëtt elo e bëssen technesch: Mir notze jo och d'Netzer vun der Creos. An Däitschland zum Beispill déi Netzer notze mer, fir kënnen d'Energie ze tansportéieren.

Dat heescht, do ginn et virgelagert Käschten. Dat heescht, mir mussen déi och do bezuele fir den Transport. Well awer d'Reseauen hunn och Perten. Dat ass ongeféier 3 % vun der Energie, déi transportéiert gëtt, an eisem Netz ginn 3 % verluer. An deenen aneren, dat weess ech elo net, mee och do geet Energie verluer.

An do mussen d'Reseauen, déi mussen d'Energie akafen. A well se an der Krisenzäit waren, well d'Präisser sou héich waren, do hu se op eemol mussen déi Energie kafen zu horrende Präisser, wat hir Netzkäschten an d'Luucht gedriwwen huet.

Dat ass eeben elo 2024 erëm erofgaangen. An dann och fir 2025. Okee, et ass ëmmer nach e méi héijen Niveau wéi virdrun, mee dat mat 2025 huet och domadder ze dinn, dass mer eng nei Tarifikatioun vun Netzpräisser aféieren. Ech mengen, dat hutt Der jo matkritt.

Wou awer dobäi erauskënnt, dass am Ufank d'grouss Diskussioun ass, wien ass de Leidtragenden.

Et ass an de leschte Wochen esou gemaach ginn, dass u sech praktesch keen de Leidtragenden ass. Déi eenzeg, déi wierklech méi schlecht ewechkommen, dat sinn déi mat de Wärmepompelen an alen Haiser. Déi mussen e bësse méi bezuelen. Dat ass awer elo och net horrend méi. An déi, déi Elektroautoen hunn, déi se wëllen innerhalb vun zwou Stonnen doheem oplueden. Da musse se och e bësse méi bezuelen.

Wa se soen, ech lueden iwwer d'ganz Nuecht, da spiere se dat och praktesch net. Dat sinn, mengen ech, Haussen insgesamt vun, mengen ech, vläicht mol kenge 5 %. Bei der Wärmepompel, do schwätze mer vun, mengen ech, 20 % Hausse.

Déi drëtt Linn gesitt Der d'Subventioun, wou de Staat ginn huet. Dat ass iwwer de Fonds de compensation. Do hutt Der an der Zäit ëmmer an dee Fong abezuelt, an iergendwann huet de Staat gesot, okee, mir hunn elo relativ sou vill Suen am Fong, dee Fong ass eigentlech do, fir an erneierbar Energien ze finanzéieren. Wat och gemeet ginn ass.

Mee well awer genuch Reserven do waren, hu se aus deem Fong haaptsächlech elo geholl, fir elo d'Subventiounen auszebezuelen.

Hei steet elo 6,5 giel markéiert. Dat ass nach net confirméiert, mee dat misst u sech déi Subventioun sinn, déi de Staat um Stroumpräis gëtt.

D'Taxe d'électricité huet ni verännert. Do ass et d'Douane, déi déi erhieft. Dat war ëmmer sou. An do gesitt Der, d'Variatioun vum variabelen Tariff, dat war eigentlech ni wierklech ... just 2020 war eng kleng Hausse. 2014, an eeben elo 2025 ass eng relativ grouss Hausse. Mee war soss war dat ëmmer relativ stabel.

Ech mengen, Dir gesitt et och um Total. Am Ufank 500 € an dann d'nächst Joer gëtt et souguer méi bëlleg um variabelen Tariff.

Wou et elo eng grouss Hausse ginn ass, dat ass bei dem fixen Tariff, well dat och deelweis mam Netz ze dinn huet. Also d'Redevance comptage steet do. Fréier war dat ëmmer Comptage, an iergendwann, dat huet 2017 ugefaangen, an d'Diskussioun ze goen.

An der Zukunft musse mer eis Tariffer anescht gestalten, well mir kënnen net eise Leit ëmmer de Maximum u Leeschtung zur Verfügung stellen, well soss sinn eis Netzer net grouss genuch. Mir mussen d'Leit zu enger vernünfteger Verbrauch kréien, soss musse mer onendlech eis Netzer ausbauen. Dat ass mat Käschte verbonnen; da gëtt et och deier.

Dat heescht, do ass dann op den Amperage eng Primm agefouert ginn. Dat heescht, et bezilt een op den Amperage. Een, dee 40 Ampère huet, bezilt natierlech manner wéi een, deen elo zum Beispill 63 Ampère hëlt. Oder 80 Ampère. Do ass en da méi deier.

D'Zil war och doranner ze soen, okee, an Zukunft ginn alleguer déi Leit belount, déi soen, majo, ech brauch keng 40 Ampère, ech brauch just 16 oder 32 Ampère, fir deenen e besseren Tariff ze ginn. Dat war de Plang. Dat ass sou bis elo awer nach net ëmgesat ginn.

Et ass eeben elo 2025, wou dat komm ass, fir ze soen, mir wëlle jo verhënneren, dass d'Leit eeben ëmmer hiren Elektroauto voll lueden, an och well ëmmer méi Photovoltaik erakënnt, musse mer iergendwéi kucken, dat sou ze geréieren, dass déi, déi netzdénglech sech verhalen, besser ewechkomme wéi een, deen ëmmer mengt, et misst alles virrãteg sinn.

Gesitt Der ganz ënnen, voilà, dat ass eeben am Total eng Hausse vum leschte Joer, also vum leschte Joer op dëst Joer vu 15 %. Okee, een, deen aarm drun ass, dee muss kucken, déi 8 € opzedreiwen. Jo, okee. Et kann een natierlech doriwwer eng philosophesch Diskussioun féieren, wou e se vläicht soss ausgëtt. Stroum ass awer eppes, wat wichteg ass.

Elo och e bësse méi iwwersiichtlech. Hei hunn ech awer e bëssen eng Grafik gemaach vun eise Clienten ausserhalb vun Esch. Also déi grouss Bull do vun Esch/Alzette, dat ass net zu Esch selwer. Dat ass d'Bull vum Kanton.

Dat heescht, Dir gesitt do lénks, wéi d'Verdeelung ass. De Gros vun der Clientèle also zu Esch-sur-Alzette, mee Dir gesitt, mir hunn an all Kanton Clienten. Souguer uewen am Clierwer Kanton hu mer 66 Clienten. Also, mir sinn net nëmmen am Süde bekannt, mëttlerweil hu se am Rescht vum Land matkritt, dass et eis gëtt.

Woubäi ech muss soen, wou mer am meeschte vu profitéieren, ass déi Präis-kalkulatiounsplattform Calculix vum ILR. Dat ass déi, dat eis sécherlech am meeschte Clientë bréngt, well mer do ëmmer am Präis ganz gutt placéiert sinn.

An Dir gesitt, also mëttlerweil sinn et 3.700 Clienten. Also déi 4.000 Clientë wäert och net méi allze laang daueren, da wäerte mer och déi hunn.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Sinn do d'Menagen dran?

**Torsten Schockmel**

Dat sinn nëmmen d'Menagen.

Firwat just d'Menagen? Menagen ass méi einfach, fir d'Statistiken ze maachen. Wann ech elo déi grouss Clienten huelen, well déi kënne jo de Präis verhandelen, an do ass de Problem, déi Clienten, déi sinn nëmmen zwee, dräi Joer do an da gi se bei den nächsten. An do ass extreem grouss Changementer. An do sinn och ganz aner Verbräich.

Wann ee kuckt, zum Beispill d'Parts de marché vun de Menagen um Stroum, Gesamtverbrauch zu Lëtzebuerg, ass gréng. Et ass d'Industrie. Ech mengen, wann een eng ArcelorMittal hei zu Esch, déi verbrauch méi wéi de Rescht vun Esch. Also dat si ganz aner Relatiounen.

Fir sou eppes an eng Statistik eranzebréngen, dat verfälscht, do kréie mer Schwankungen eran. An dofir huelen ech ëmmer d'Menagen. Well de Menage ass fir mech de séchere Client. Dat ass een, deen net sou séier wiesselt, deen ass och méi einfach ze händele wéi elo e kommerzielle Client.

Elo gëtt et méi kuerz. Telcom maache mer jo nach net sou laang. Do hu mer och nach net sou vill Clienten. Also Telcom ass erëm e Fonctionnement, also e Marché libéralisé. Ech mengen, do kënne mer och d'Präisser fixéieren, wéi mer wëllen.

Mir si just aktiv hei zu Esch um Territorium. Firwat? Well mer mat der Eltrona zesummeschaffen, do hu mer gesot, okee, mir bleiwe just zu Esch. Dir kommt dann och net op Esch, an dofir gi mir net bei Iech an e Reseau.

Ech mengen, Dir wësst och, d'Eltrona ass déi, déi d'Signal schéckt. Dat heescht, wann Der Fernsee kuckt, da kritt de Produit vun Eltrona. Um Internet ass et och si, déi d'Bandbreeden zur Verfügung stellen.

Voilà, libre choix de fixation des prix. An da si mer natierlech a Konkurrenz mat anere Fournisseuren. Ech mengen d'Post ass sécherlech een, deen hei extreem aktiv ass.

Wat och wichteg ass, den Telcom-Reseau gehéiert der Esch. Dat heescht, dat ass elo net verpacht un eis. Nee, mir ginn do lounen. Mir lounen och do, mir bezuelen eng Notzungsfile, fir kënnen dee Reseau ze lounen.

Maja, d'Servicer an d'Produite si bei der Eltrona akaaft. D'Maintenance vum Reseau gëtt jo och vun Eltrona gemaach. Dat ass awer, mengen ech, e Kontrakt mat der Gemeng, dee se hunn. An d'Eltrona mécht och den Depannage. Wann e Client urifft, da soe mer der Eltrona Bescheed, gitt bei dee Client kucken, do ass e Problem. An dee kuckt, de Problem dann ze léisen.

Wat fir e Produit bidde mer un? Zënter 2021 hu mer Internet, also de 50, 200, 500 an 1000 Mbit. Virdru bei der Esch do hate se deemools 10, 20 nach. An dunn hu mer gesot, okee, da kënne mer dat och an d'38er ginn. An déi hu mer alleguerten eropgesat. Alleguerten déi, déi den 10 an 20 haten, hu mer op 50 eropgesat. Et ass souguer méi bëlleg ginn. An déi, déi den 30 haten, sinn op 200 eropgesat ginn; an och dat war, mengen ech, méi bëlleg ginn.

Am Moment hu mer eng Transitioun vu 50 op den 200er – do kommen ech och nach op Statistiken. An dann hu mer natierlech nach de Fernsee mam PayTV, dee mer ubidden. An nach e puer fix Telefonen. Dat sinn awer relativ wéineg. Dat ass e Marché, deen net gutt funktionéiert. Och de Fernsee funktionéiert net sou gutt; dat gesitt Der gläich op der Statistik.

2022 hu mer dunn ugefaangen, den IPTV unzebidden. Dat muss ech soen, dee Produit funktionéiert relativ gutt. Do sinn awer e puer Leit, déi dorop gewiesselt sinn. Fir déi, déi net wëssen, wat IPTV ass: Dir kënnt, wann Der sonndes owes den Tatort wëllt kucken an Dir sidd awer spéit un an Dir sidd eréischt um 21 Auer doheem, da kënnt Der vun Ufank un den Tatort kucken. Dat heescht, dat gëtt opgezeechent.

An dat ass eeben de Virdeel. Do kann een och, wann een den Dag virdrun eng Emissioun verpasst huet, da kann ee wierklech dee Moment, wou ee Loscht huet, se kucken. Dat geet awer just eng Woch zeréck. Dat heescht, Dir musst awer scho kucken, innerhalb vun enger Woch déi Saachen ze kucken, déi Iech interesséiert hunn. Dat ass eng flott Saach.

Wat mer 2023 gemaach hunn. Do ware mer vum Ministère kontaktéiert ginn, ob mer wéilte matmaache beim Bon à la connectivité. Do hutt Der sécher och dovun héieren. Majo, de Staat finanzéiert alleguerten déi Leit, déi net sou vill Suen, déi kréien e Bong vun 10 €, fir dass se den Internet fir 10 € de Mount méi gratis kréien.

Dat heescht, déi kommen da bei eis, léisen de Bong an da kréie si dat da manner verrechent a mir stellen dem Staat dat dann a Rechnung. Dee Kontrakt hu mer elo och fir 2025 mam Staat verlängert. Also ech muss soen, dee Prozess funktionéiert relativ gutt.

Et sinn ëmmer Leit, déi versichen, bei all Ubidder dee Bong anzeléisen. Mir haten och scho Leit, déi bei eis komm sinn, guer net Client waren, déi de Bong aléise wollten. Dat gëtt et och, mee dat sinn e puer Eenzelfäll.

Wat mer och elo amgaang sinn, ze maachen, dat ass de Changement vum Docsis 3.0 op den Docsis 3.1. Dat heescht, dat sinn d'Modemen, al Generatioune vu Modemen. Déi kucke mer elo duerch eng nei Generatioun, méi Leeschung, a besser Modemen ëmzetauschen. Dat geet e bësse schleppend.

Fir déi, déi nach sou e Bréif vun eis kruten, dass se wannechgelift wiesselen, maachen ech elo Reklamm. Et wär gutt, dass se dat maachen, well iergendwa wäert den Docsis 3.0 net méi goen. Wéini dat ass, wësse mer nach net. Also et ass elo net akut, mee mir kucken awer schonn, d'Leit zum wiesselen ze kréien, bevir se zu honnerte bei eis am Guichet stinn, well et net méi geet.

Hei d'Evolutioun vun der Clientèle Telecom. Also den 1. Juli 2021 hu mer et iwwerholl. Voilà, Dir gesitt do e bëssen d'Entwécklung. De 50 Mbit, do ginn et der ëmmer manner. Déi meescht vun deene wiesselen op den 200er, mee den Trend ass och positiv. Vill nei Clienten, déi kommen, déi huelen den 200er.

Also mir roden de Leit dacks un ... ech mengen, Dir gesitt vill Reklamme vun engem 1 GigaBit, wou mer de Leit soen, huelt den 200er, well 1 Giga braucht der net. Well mir sinn eis bewosst, vill Leit, déi mussen awer op hire Portmonni kucken, dann ass et méi ratsam, dass se den 200er huelen, well domadder kënne se awer zwee Fernseeër bedreiwen, an och nach Internet. Dat geet schonn.

Mee Dir gesitt, och am Gigabit, wou mer ni e Client haten, hu mer mëttlerweil 80 Clienten. Dir gesitt hei d'Prozenter vun der Evolutioun. Also insgesamt Internet hu mer iwwer 15 % Cliente bäigewuess, ouni elo grouss Reklamm ze maachen. Mee mer fänken awer elo trotzdeem mol un, mam Internet Reklamm ze maachen. Wéi gesot, et huet awer e bësse gedauert, fir alles unzekommen. Och fir de Prozess mat der Eltrona ofzestëmmen.

Beim Fernsee do gesitt Der ... de klassesche Fernsee, an der Ekonomie nennt een dat e Poor Dog. Dat ass een, mat deem net méi vill Sue ze verdéngen ass. Well mer mussen dovunner ausgoen, alleguerten déi Leit, déi stierwen, déi ginn net duerch en neie Client ersat, well jonk Leit huele kee Fernsee méi.

Meng Generatioun kritt ee vläicht nach dozou ze soen, huelt den IPTV. Déi maachen dat nach. Mee wann ee mat Jonke schwätzt, déi hu kee Fernsee méi. Et ass den Internet, wat fir si wichteg ass.

Dat nämmlecht gëllt fir den Telefon. Ee Moment hate mer, mengen ech, eng Kéier iwwer 240 Clienten, mee do kënnt och praktesch kee méi bäi. Dat ass och eppes, wat fir d'Zukunft, wou een dovu muss ausgoen, dass dat iergendwann eng Kéier verschwënnt.

Da kommen ech elo sou lues zum Schluss. Global Situatioun. Wat wichteg ass ze wëssen: Also eise Reseau kreéiert ëmmer nach Revenuen, an déi si garantéiert. Dat heescht, do kënne mer relativ gutt plangen. Do si mer sécher, well et e Monopol ass. En ass zwar kontrolléiert, mee et ass fir eis eng sécher Saach.

D'Energie ass zwar a Konkurrenz mat aneren Acteuren, mee am Moment soe mer ëmmer

nach: et funktionéiert. Ech kann net soen, wat a fënnef oder zéng Joer ass, mee am Moment funktionéiert et. Mee mer sinn am schaffen, dass et och nach a fënnef an an zéng Joer funktionéiert. Also net falsch verstoen.

Telecom, de Maartundeel bei eis ass relativ kleng. Dat ass en eestellege Prozentsaz vu Revenuen, déi mer hunn. Do ass elo net déi grouss Beneficer ze maachen. Mir kucken natierlech schonn, ze entwéckelen, mee vun der Historie hier si mer nu mol en Energieubidder, an do fille mer eis méi wuel.

Telcom, do ass einfach de Lernprozess nach sécherlech méi laang, bis mer do richteg vläicht emol méi grouss Revenue maachen.

Wat och wichteg ass, d'Sudstroum engagéiert am Moment 34 Persounen. Mir hu mat 10 Persounen ugefaangen, mëttlerweil sinn et 34 Persounen. Okee, do sinn natierlech zéng Temps-partiellen, wat och déi 34 elo vläicht e bësse méi vill duerstellt.

Mee déi Leit brauche mer, well alles ëmmer vill méi am Detail ass. Och eng Compta muss méi am Detail gemaach ginn. Dir hutt och am Laf vun de Joren d'Reegele geännert. Do muss een och villes méi rapportéiere vis-à-vis vum Auditeur, fir dass hien da kann iwwerpréiwen. Och technesch. A well mer nei Servicer ugebueden hunn, ass alles méi komplex ginn an dofir hu mer méi Leit gebraucht.

Wat och interessant ass ... ech mengen, Dir hutt matkritt, mir hu relativ vill Benefice gemaach. Mee wann ee sech elo den Tablo hei ukuckt, hate mer scho Joren, wou eis Marge méi grouss war.

Firwat ass de Benefice sou héich? Jo, och eise Chiffre d'affaires war sou héich. Jo, de Chiffre d'affaires ass sou héich, well de Stroumpräis sou héich war. Do hu mer natierlech vill Revenu gehat. Revenu, wou natierlech och e gudden Deel vum Staat komm ass, well dee jo subventionéiert war.

A wéi Der gesitt, mir hunn elo eng Renditt vu knapp 15 % gehat, wat elo och net astronomesch ass. Mee fir elo ze soen, et kéint een déi Renditt elo festleeën, jo dat ass schwiereg. Well de Marché, de Stroumakaf net ëmmer sou funktionéiert, an och d'Verhale vun de Clienten net sou funktionéiert, dass een dat ëmmer sou genau plange kann. Voilà, dofir schwankt dat. Wann et net sou gutt gelaf ass, si mer ënner 10 %. Wann et gutt leeft, leie mer iwwer 10 %.

Firwat mer eigentlech sou vill Kapital brauchen. Mir hu jo scho Kapitalerhéijunge gemaach am Ufank. Mir hu mat 400.000 € Kapital ugefaangen als Sudstroum. Mir waren total ënnerkapitaliséiert. A fir deemools iwwerhaapt kënnen ze funktionéieren, hu mer missen deemools 8 Milliounen Euro Kreditter maache goe fir Besoins de fonds de roulement.

Wann elo zum Beispill den Dezember eriwwer ass, dat dauert keng dräi Deeg, da sinn d'Stroumrechnunge vun eise Fournisseuren do. An déi hätte gären innerhalb vun zwou Wochen dat alles bezuelt. Voilà, wann ech dat net maachen, kréien ech bis wéini keng Energië méi. An da gëtt hire Kredittrisiko, oder hire Risiko gëtt dann eropgestuuft vis-à-vis vun eis. An da gëtt et schwiereg. Mir mussen do ëmmer relativ séier bezuelen.

Mir lafen awer eise Clientë relativ laang hannendrun. Dat heescht, wann e Client d'Rechnung kritt ... okee, mëttlerweil bréngе mer et scho fäerdeg, dann zäitno déi Rechnung ze kréien, mee d'Leit bezuelen déi Rechnung net ëmmer direkt. Dat heescht, mir mussen awer waarden, bis déi Suen erakommen. Dat heescht, déi feelen eis.

Wat och dobäikomm ass, mir hu relativ vill Engagementer, wou mer Saache finanzéiert hunn. Zum Beispill als Sudstroum hu mer jo selwer, aus der eegener Täsch eng Kapitalerhéijung finanzéiert. Voilà, dat war schonn iwwer 2 Milliounen, d'Gebai mat der Renovatioun.

An dann hu mer mëttlerweil och eebe ganz vill Photovoltaike lafen, wou mer eeben och finanzéieren. An dofir hu mer, wéi gesot, déi 4,4 Milliounen engagéiert.

An elo kënnt nach dobäi, dëst Joer, ganz vill Anlage sinn un d'Netz gaangen. Dat sinn, fir se lech opzezielen: Barbourg op den Halen, do ass eng grouss un d'Netz gaangen, Ecole Nonnewisen, Ecole Jean Jaurès, Ariston, Maison sociale, Wobrécken, de COHS1 – do ass nach eng zweet geplangt –, d'Bridderhaus, den RSA, d'Ecole Bruch, d'Maison de Diversité, CGDIS an Ecole Kleppen.

Voilà, déi sinn alleguer un d'Netz gaangen. An déi mussen awer elo iergendwa finanzéiert ginn. An dofir war eigentlech geduecht, déi 2 Milliounen ze huelen, fir déi ze finanzéieren.

Wat mer och gemaach hunn, dass déi 50 %-Parte vu Sudsolar, vun ENERDEAL, dat huet eis och Sue kascht. An dann hu mer nach Projeten am Raum stoen, och nach eng Kéier fir 883.000 €, déi souwisou sollten d'nächst Joer realiséiert sinn. Dat sinn déi, déi mer elo wierklech realiséiere wëllen, och kënne realiséiert ginn.

Dat wëll awer net heeschen, dass an der Zukunft net nach Projete kommen. Also mir sinn dauernd amgaangen ze kucken, op wat fir Gemengegebaier mer kënnen nach Projete maachen. An déi einfach hu mer elo ofgeschafft an elo geet et halt eeben drëm, nach déi ze huelen, wou et nach rentabel ass, och wa se méi kompliزéiert sinn.

Grënn, firwat mer Anlagen net kënne maachen: zum Beispll d'Statik ass net an der Rei, den Daach ass net stabill genuch, d'Installatioun gëtt ze deier. Voilà, dat sinn oft déi Haaptgrënn, firwat mer eppes net kënne maachen.

Gutt, elo sinn ech duerch. Merci fir Är Gedold. Dat war, ech huelen un, e bësse vill openeen. Ech weess elo net, ob nach eng Froeronn geplangt ass.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schockmel, fir Är detailléiert, awer sympatesch Presentatioun.

Ech froen dann als éischt an d'Ronn, ob et technesch Froe gi par rappport zu der Presentatioun, ob Der nach Zuele braucht, éier ech dem Här Sehovic nach eng Kéier d'Wuert géing ginn, deen nach eng Kéier e politesche Message gëtt, an duerno den Debat géing opmaachen.

Mee gëtt elo nach Froe fir den Här Schockmel? Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo. An och just fir d'Prozedur. Mir diskutéiere jo awer och nach iwwer den ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Jo, genau.

**M. Marc Baum** (déi Lénk)

Okee, duerno.

Mee eng technesch Fro. Mech huet gewonnert, déi awer niddreg Zuel u Clienten aus dem Kanton Esch. 1.700, wat d'Menagen ugeet.

Well hei zu Esch, eleng an der Stad Esch hu mer eng 14.000, 15.000 Menagen. Do kann ech mer virstellen, datt eng Rëtsch Menagen, do huet net jiddwereen en individualiséierte Compteur. Dat si Residenzen, kann ech mer virstellen.

Mee 1.700 eleng nëmme par rapport zu Esch, dat géif bedeiten, datt mer, ech weess net, just 10, 15 % vun den Escher Menagen, déi Client bei Sudstroum wieren. Also dofir eng technesch Fro, net datt ech eppes falsch verstanen hunn.

*(Explikatioune vum Här Torsten Schockmel iwwer d'Clientszuelen zu Esch an am Kanton Esch)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Gëtt et nach Froen?

Wann Dir äntwert, Här Schockmel, da musst Der de Mikro umaachen. Den Här Schmit huet d'Wuert.

Dir hutt nach eng Fro, Här Schmit?

Och Dir misst de Mikro umaachen.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Ech wollt am Fong geholl froen – merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt am Fong geholl froen, wéi et ass, wa Clienten eventuell wëlle vun engem op den anere Fournisseur wiesselen. Ass dat eng schwéier Prozedur? Ass do normalerweis nëmmen Enovos concernéiert a Wierklechkeet? Oder wéi leeft déi Prozedur? An ass dat fir lech e Problem, oder gëtt dat ganz normal, solle mer soen, accompagnéiert?

**Torsten Schockmel**

Also de Wiesselprozess ass ganz einfach eben duerch déi Marketcom fir de Client. De Client geet bei de Fournisseur, en ënnerschreift, an de Fournisseur këmmert sech drëm.

Dat heescht, de Client kritt näischt vun deem Wiessel mat. E kritt just iergendwann eng aner Rechnung. Dat heescht, wann en elo haut bei de Fournisseur geet, ech ënnerschreiwe bei lech eppes, dann ass et net, dass en direkt den Dag duerno beliwwert gëtt. Dat dauert schonn e puer Deeg.

Awer wéi gesot, et geet duer, dass e just e Kontrakt ënnerzeechent, virausgesat en ass net iergendwéi blockéiert. Well et sinn och heiansdo Fournisseuren, déi bidde Kontrakter un, wou een op dräi Joer fixéiert ass.

Dat hu mer bei der Sudstroum net, well mer eebe soen, nee, mir wëllen net de Client fixéieren, well e kéint den Androck hunn, dass mer e vläicht zu engem Präis wëlle bannen, wou en herno net méi erauskënnt.

An dofir, et ass u sech eng ganz einfach Prozedur.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Jo, Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, dann hätt ech nach just eng méi kleng Fro, wat déi renouvlabel Energien ugeet.

Dir hat gesot, dat wär dann zu 100 % renouvlable Energien. Mer wësse jo awer, am Fall, wou zemools am Wanter, wou alt emol kee Wand an net vill Sonn ass, datt dat jo am Fong geholl net méiglech ass.

Ass dat dann esou, datt dat sporadesch duerch Energie aus dem Ausland am Fong geholl da kuerzfristeg opkaf gëtt? Oder wéi handhaabt Der am Fong geholl déi Saach, wann am Fong geholl eng Penurie vun Energie ze erwaarden ass, oder optrëtt?

**Torsten Schockmel**

Elo gëtt erëm ganz technesch.

Beim Stroum ass et sou, den Elektron sicht sech ëmmer de kierzte Wee. Dat heescht, hei ass eng Photovoltaik drop, et ass kloer, och wann deen elo un de Staat verkaf gëtt, déi Energie, well se subventionéiert ass. Den Elektron leet deen awer heihinner.

Wann ech elo Energie géif am Norwegen kafen, ech kréien déi nimools heihinner. Well de Wee ass ze laang. D'Technik funktionéiert esou. Fir et nawell kënnen ze reegelen, hu se deemools gesot, okee, wéi reegele mer elo de renouvlabele Maart. Dat heescht, et geet iwwer Zertifikater.

Dat heescht, zum Beispill eng Waasser-kraaftanlag an Norwegen, déi produzéiert Stroum a verkeeft en un der Bourse als Groe Stroum. Dat heescht, si kréien de Präis fir de Groe Stroum. Mee si loosse sech och en Zertifikat erstellen, deen e Präis huet. An dee gëtt op enger Bourse gehandelt.

Dat heescht, am Endeffekt musse mir d'Zertifikater akafe fir eise Stroum. Mir verkafen op der Bourse Groe Stroum, fir en ze vergréngen. Dat muss jiddweree sou maachen, well aneschters funktionéiert et einfach net.

Well wa mir misste wierklech kucken, aus Norwegen Energie heihinner ze kréien, da misste mer Kabelen zéien, extra Kabelen dofir, an dat ass abstrus, fir esou eppes ze maachen. An ech hat schonn oft d'Diskussioun mat Greenpeace an esou, wou ech sot, wéi wëlle mer dat da soss maachen. Et leeft eeben iwwer d'Zertifikater an ech mengen, dat ass jo och bekannt an anere Branchen, wéi dat funktionéiert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

En ass virtuell gréng am Fong geholl?

**Torsten Schockmel**

De Stroum huet jo keng Qualitéit. Stroum ass Stroum.

Ech huelen och ëmmer d'Beispill: Stellt Iech vir, Dir hutt e Séi, an deen ass propper. An do ass een, dee geheit Knascht dran. An alleguerten déi aner mussen déi nämmlecht Qualitéit vu Waasser drénken. An dat ass beim Stroum och esou.

Mee et ass ëmmer do ze soen, fir mat Zertifikater ze handelen. A wa jiddweree bis Zertifikater keeft, da fërdert e jo och déi Energie an dat verdrängt dann déi knaschteg Pollutioun. Et geet jo drëm, déi aus dem Séi erauszedrängen.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Dann hätt ech nach just eng Saach dozou, fir dat kloerzestellen ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Stellt wannechgelift all Är Froen elo, wou Der hutt. Et ass jo sympatesch, wann Dir elo en Dialog ënnerteneen hutt, dir zwee. Mee wannechgelift stellt elo all Froen, Här Schmit, déi Der hutt, fir dass den Här Schockmel

kann op alles äntweren an dass mer kënne weiderfueren duerno.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Gutt. Déi allerlescht.

Nëmme fir ze soen: Mir sinn eis jo awer eens, wa mer dat sou maache mat den Zertifikater, da gi mer an déi richteg Richtung, wéi Der sot? Dat heescht, da kréie mer ëmmer méi Gréng Energie eran?

Mir sinn eis jo awer och eens, datt zu 100 % dat onméiglech ass, vu que gréng ze produzéieren im Endeffekt, well een ëmmer Energie d'appoint brauch, fir déi total Flauten oder déi ... eeben duerch, well Gréng Energie ëmmer och vill un d'Natur gebonnen ass an déi net honnertprozenteg previsibel ass, datt een do ëmmer muss eppes hunn, fir dat kënnen ze kompenséieren?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Entschëllegt, Här Schmit. Mir si bei technesche Froen. Här Schockmel, kënnt Der eng Kéier technesch äntweren an alles ze maachen, fir dass mer op politsch Froe kommen am Debat. Dat ass de Metier, mengen ech, awer och vun der Politik.

Här Schockmel.

**Torsten Schockmel**

Also mir reegele jo net dat ganzt europäescht Netz. Also reegele just hei zu Esch, dat Netz.

Wéi dat am Hannergrond leeft, wann net genuch Energien do sinn, dovu kréie mir näischt mat. Mir kréien de Stroum geliwwert, d'Netz funktionéiert. Awer am Endeffekt, ob elo am Moment genuch Energie do ass oder net, oder wéi d'Verdeelung ass, dat ass ze héich fir mech, fir do elo kënnen ze soen, wéi dat funktionéiert.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee, villmools merci.

Gëtt et nach technesch Froen? Da soe mer dem Här Schockmel villmools Merci, wënschen Iech e schéinen Ofschloss vun dësem Joer. Maacht Äre Mirko aus éier Der gitt, wannechgelift.

An den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Torsten Schockmel, fir déi detailléiert an engagéiert Presentatioun.

Et war, mengen ech, gutt, emol erëm eng Kéier an der heiter Legislatur sou an den Detail ze goen, well mer eng ganz Rei vun neie Conseillièren a Conseilleren hunn, an et dann awer wichteg ass, fir do och e gudden Duerchbléck ze hunn iwwer de Stroummarché.

Ech wëll, an ech versiche mech kuerz ze halen, kuerz agoen op Projeten, déi mer an deene leschte Méint ugestiwwelt hunn, déi mer och mat engem Deel vun deem Benefice, deen d'Sudstroum gemaach huet, wëlle realiséieren, an déi am Endeffekt der Stad Esch an och de Biergerinnen a Bierger zeguttkommen.

Ech maache kuerz de Point – den Torsten Schockmel huet dat scho gemaach –, wat d'Photovoltaik ugeet op de kommunalen Diecher. Mir hate bis 2019 200 kW Pic installéiert op eisen Diecher, a mir hunn zënter

2023 900 kW Pic installéiert. Dat ware grouss Projeten, déi den Torsten och schonn erwäänt huet, dofir ginn ech do net an den Detail.

Deen Ausbau, dee muss konsequent weidergoen a gëtt och vun eis a vun eise Servicer beim Neibau oder bei der Renovatioun vu Gebaier och systematesch mat consideréiert. An do, wou et faisabel ass, och direkt ëmgesat.

Doriwwer eraus hu mer verschidden nei Projeten, un deene mer grad mat der Sudstroum schaffen a wou ech géing soen, déi net primairement de But hunn eigentlech, just Benefice ze geréieren, mee wou mer wierklech an der Iwwerleeung sinn, wat maache mer mat deem Iwwerschoss, dee mer erziilt hunn. A wéi kënne mer Projete maachen, déi prioritairement wierklech der Stad an den Escher Leit zeguttkommen.

Een éischte sou Projet, deen ech hei vläicht kann e bëssen unteaseren, mee wou mer awer den Detail ganz sécher nach eng Kéier wäerte mat der Sudstroum zu engem spéideren Zäitpunkt virstellen. Mee ee grousse Projet, un deem mer schaffen, huet den Aarbechtstitel, komm mer soe mol, Solarenergie fir jiddereen, mat Balcon-PV.

An do ass d'Iddi, Balcon-Photovoltaik-Systemer anzeféieren, staark subventionéiert fir de Client, déi et och Locatairen a Menagë mat limitéierter Daachfläch oder déi guer keen Daach hunn, wou se kënnen eppes installéieren, wou et deenen erméiglecht gëtt, fir aktiv och un der Energietransitioun deelzehuelen.

An eiser Stad, an och hei an der gesamter Regioun, ass d'Proprietärsquot méi niddereg wéi op villen anere Plazen am Land. Vill Leit, déi also an der Locatioun wunnen oder keng eegen Daachflächen hunn, konnte bis elo kaum, oder guer net vu selwer produzéierter Solarenergie profitéieren.

Mat einfach ze installéierende Balcon-PV-Moduler wëlle mer dës Barriären aus dem Wee raumen. Sou kënnen dann hoffentlech an Zukunft, an noer Zukunft och Locatairen hiren Deel zu enger méi nohalteger Stroumproduktioun bäidroen.

D'Moduller kënnen einfach a séier, zum Beispill un d'Gelänner vum eegene Balcon oder op anere Plazen, montéiert ginn. Et si steckerfäerdeg Léisungen, déi direkt un d'Hausnetz ugeschloss ginn, wou also keng grouss Ëmbauten noutwendeg sinn a wou och de produzéierte Solarstroum direkt am eegenen Haushalt verbraucht gëtt. Dat heescht, d'Ofhängegkeet vum Fournisseur an d'Stroumkäschte fir de Menage ginn erof ëm déi Quantitéit, déi een eebe selwer produzéiert.

Dat, wéi gesot, ass ee vun den Aktiounen, déi mer wëlle maachen, wou mer am Moment an den Diskussioune si mam Energieministère, fir ze kucken, wéi mer dat kënnen op enger méi grousser Echelle iwwer d'Bün kréien.

Mat der Ambitioun, wéi gesot, de Client vun der Sudstroum kënnen zu engem ganz ganz nidderege Präis sou Moduller unzebidden a sou eeben e Bäitrag ze leeschten zur Demokratiséierung vun der Energietransitioun.

En zweete Projet, dee mer prioritairement undreiwen, ass den Ausbau vum Reseau vun de Sudstroum-Borne fir d'Elektromobilitéit. De Reseau gëtt um Escher Territoire weider densifiéiert.

Mir hunn am Moment eng 35 Emplacementer, déi an der Analys sinn, wou mer am Moment kucken, wéi läit de Reseau, wéi vill Ëmbaute sinn noutwendeg, wou brauchs de nach en elektresche Schaf oder en neie Traffo. A wou kënne mer séier Borne setzen, wou musse mer nach verschidden aner Prekonditioune schafen.

Zil ass et awer, dass an alle Quartiere vun Esch Bornen installéiert ginn. An déi 35 Emplacementer, déi am Moment an der Analys sinn, sinn tatsächlech och an alle Quartiere vun der Stad.

A court terme – a wann ech soe "court terme", da schwätzen ech vu Wochen a vläicht e puer Méint – sinn eng ganz Rei Projeten elo scho fäerdeg analyséiert an an der Ëmsetzungsphas. Mir verstäerken do prioritairement déi bestoend Infrastruktur op deene Plazen, wou mer constatéieren, dass et eng ganz grouss Demande gëtt, déi am Moment net kann zefriddestellend bedéngt ginn, well mer net genuch Borne sur place hunn.

Dat gëllt zum Beispill fir d'Parkhaiser hei ënner dem Stadhaus an och ënner der Brill-Plaz, op der Place Benelux, op der Place Victor Hugo. A sou wäerte mer elo an den nächste Wochen a Méint dee Role-out vu Bornë versichen ze acceleréieren.

An dann doriwwer eraus schaffe mer am Moment un engem Pilotprojet, menges Wëssens, sou wäit mir bekannt ass, als éischt Stad am Land, wou mer eebe wëllen testen, awéifern et Sënn mécht, awéifern et fir d'Bierger Sënn mécht a fir d'Clientë Sënn mécht, fir Niddreg-Spannungs-Luede fir den Elektroauto iwwer d'Luuchtepottoen ze erméiglechen.

Dat huet den Avantage, dass d'Ëmbauaarbechten, de Käschtepunkt fir sou Installatioune weesentlech méi niddereg ass wéi de Role-out vun deene grousse Bornen. D'Contre-partie ass awer, dass een domat weesentlech wéineger Leeschtung da luede geet wéi op den normale Bornen, wat awer, laut den Zuelen, déi eis virleien, an den Etüden, déi gemaach ginn iwwer d'Verhale vun de Leit, déi eeben en Elektroauto hunn, duergeet.

Mir ginn dovun aus, dass am Schnëtt sou 50-60 Kilometer den Dag geluede ginn. Dat sinn Autonomien, déi een iwwer d'Nuecht och mat sou enger Niddreg-Spannungs-Luedung um Luuchtepotto erëm kéint eranhuelen. An do ass eeben envisagéiert, dass mer am Laf vum nächste Joer do éischt Stroossen domadder ekipéieren an dann testen, ob dat eppes ass, wat vun de Leit ugeholl gëtt.

En drëtte Projet, oder en drëtt Konzept, un deem mer prioritairement schaffen am Moment, dat ass de Projet vu Solar-Carports, déi mer wëllen am ëffentleche Parkraum installéieren.

Wat ass dat? Dat sinn iwwerdaacht Parkplaze mat integréierte Solarmoduller um Daach. Se verbanne Funktionalitéit mat Klimaschutz, bidde verschidden Avantagen. Nieft der evidenter Energie, also Stroumproduktioun, bidde se eng Iwwerdaachung a se si kombinéierbar mat E-Bornen, fir dann och do erëm eppes ze maache fir d'Accessibilitéit vun der Elektromobilitéit.

Am Moment si ronn zéng Projeten an der Faisabilitéitsetüd, wou mer och do erëm kucken, wéi eng Konditioune mussen do sinn, fir dass sou Projete realisabel sinn um Niveau vum Netz.

Mir hunn dräi Projeten identifizéiert, wou mer ganz confiant sinn, dass se à court terme realisabel sinn, an enger Gesamtcapacitéit vu ronn 200 kW Pic, déi 2025 sollen ëmgesat ginn. Dat ass op der Place de l'Europe, um Parking Prince Henri a virun der Schoul Nonnewisen.

Zum Schluss vläicht e puer méi grondsätzlech Iwwerleeunge vu menger Säit zum Kontext, an deem d'Sudstroum sech beweegt, an zum Rôle vun der Stad a vun eis politesch Responsabelen.

D'Welt vun der Energie – an dat huet den Torsten Schockmel gutt an detailléiert beschriwwen – huet sech an deene leschte Joren op globalem Niveau massiv verännert. D'Nofro no Stroum klëmmt weltwäit, an och zu Lëtzebuerg.

D'Präisser op den internationale Stroumbourssen sinn onbestänneg, bleiwen onbestänneg. Dat huet ze di mat de geopoliteschen Tensiounen, mat Handelskonflikter a Fluktuatioune bei de Präisser vun de Ressource-primairen, déi d'Situatioun méi onberechenbar maachen, wéi se an der Vergaangenheet vläicht emol war. A gläichzäiteg gëllt et, ambitiéis Ziler a Saache Klimaneutralitéit ze erreechen.

D'Sudstroum ass haut e lokalen Acteur, mee awer och en nationalen Acteur. Mat den 3.700 Clienten, déi ausserhalb vum Escher Reseau situéiert sinn, a mëttlerweil an alle Regioune vum Land ze fanne sinn. A mat de ronn 7 % Parts de marché, déi mer bei de Privatclienten hunn, ass d'Sudstroum och mëttlerweil e Stéck wäit en nationalen Acteur am Beräich vum Stroum.

An dat bedeit natierlech, dass d'Sudstroum en quelque sorte eng delikat Balance muss hierstellen. Op der enger Säit primairement – an dat ass d'Haaptaufgab, dat bleift d'Haaptaufgab an d'Haaptresponsabilitéit – gënschtege Stroum fir d'Escher Leit unzebidden an domadder eng lokal Responsabilitéit erfëllen.

A gläichzäiteg awer op globale Marchéen, op globale Bourssen ënnerwee sinn. An dat Spagat tëscht de globalen Erausfuerderungen an der lokaler Responsabilitéit gëllt et eigentlech all Dag hinzekréien.

Dat setzt viraus, dass de Geschäftsmodell ugepasst un de lokale Kontext ass, a gläichzäiteg diversifiéiert ass. An den Torsten Schockmel huet eigentlech gutt beschriwwen, wéi déi dote Strategie och iwwer déi lescht Joren zum Beispill mam Telcom dozou gefouert huet, dass d'Servicer vun der Sudstroum fir d'Clienten, fir d'Escher Leit ëmmer méi divers gi sinn an ëmmer zougeholl hunn.

Dat heescht, mir sinn ënnerwee vum konventionelle Stroumverkaf an der lokaler Telekommunikatioun hin zu engem Service-Provider, deen zum Beispill och am Beräich vun den Elektromobilitéitsléisunge kann en Acteur sinn. Dat ass op d'mannst eng vun eisen Ambitiounen.

An dofir ass et wichteg, dass d'Sudstroum an och d'Stad Esch an den nächste Jore weiderhin op héijem Niveau och an Infrastruktur an an de Reseau, an d'Moderniséierung vun eisem Reseau investéiert.

Mir hunn – an dat ass, mengen ech, den Defi vun den nächste Joren a vum nächste Joerzéngt – e Stroumsystem, dee komplett am Ëmbau ass. Wou mer schwätze vu smart Grids, vun intelligenten Netzer, vun digitaliséierten Netzer, wou all elektresche Schaf, all Traffo, an natierlech och all Compteur doheem – do si mer scho ganz gutt opgestallt zu Esch – intelligent ass, un d'Netz ugebonnen ass, Date produzéiert, déi eng méi intelligent Steierung vum Netz op der enger Säit erméiglechen, op der anerer Säit wierklech och viraussetzen, dass mer d'Expertis, déi technesch Outilen an déi Infrastrukturen hunn, fir dat ze maachen. An dat ass, mengen ech, ee vun de groussen Defie fir d'Sudtroum a fir all Acteur, deen an deem Beräich ënnerwee ass.

En aneren Defi – an dat äntwert, mengen ech, op d'Fro vum Här Schmit, déi am weesentlechen eng politesch Fro war a keng technesch Fro ass. Dat ass ëmmer sou dat Schreckenzenario vun den Donkelflaute mat den erneierbaren Energien.

Dat ass natierlech just, wann ee wéi den Här Schmit seng eege véier Wänn kuckt, an och net

vläicht wäit eraus iwwer d'Stad Esch oder den nationale Kontext geet. Well mir sinn an Europa an engem interkonnektéierte Marché, wou de Stroum tëscht alle Länner hin an hier fléisst.

A wann zu Esch vläicht grad elo d'Sonn net schéngt, da kann et awer sinn, dass se a Spuenien oder a Portugal oder a Südfrankräich schéngt, an dann ass dat och kee Problem. Well mir hunn Interkonnektiounen, an dee Stroum zirkuléiert an Europa fräi.

Mee wat et awer viraussetzt ass, dass mer – an do hu mer eng grouss Aufgab ëmmer nach, och op nationalem Niveau –, dass mer déi noutwendeg Batteriespäichercapacitéiten hunn, fir och an deenen Zäiten, wou mer méi produzéiere wéi mer consomméieren, Plazen ze hunn, wou mer déi Energie kënnen tëschenzäitlech stockéieren, an dann erëm an de Reseau kënne ginn, wann d'Demande do ass.

An och an deem Sënn si mer amgaangen, zesumme mat der Sudstroum doriwwer nozedenken, wéi mer sou Batteriespäicher-capacitéiten op eisem Territoire kënnen entwéckelen.

A bei all deem gëllt et awer, de Bléck fir dat ganzt Weesentlecht net ze verléieren. Trotz den internationale Fluktuatiounen op de Marchéë soll d'Sudstroum e méiglechst sozialen a faire Präis mat 100 % erneierbarem Stroum fir seng Clientë bidden.

Den Tariff vun der Sudstroum war a bleift et och mat den annoncéierten neien Tariffer och weiderhin, de beschten, de gënschtegsten Tariff am ganze Land. A mir hunn och an deem Sënn d'Decisioun geholl als Conseil de surveillance, zesumme mat der Direktioun vun der Sudstroum, fir um Niveau vum Stroumpräis, dat wat d'Sudstroum also fir de Stroum freet, eng Reduktioun ze maache fir d'Clienten an der Héicht vun 2,7 Cent pro kW/h.

Dat ass e Gest och zeréck un d'Clientë par rapport zu deene Beneficer, déi mer gemaach hunn, an eeben och aus der Erkenntnis eraus, dass wéinst verschiddenen Decisiounen, déi op anere Plaze geholl gi sinn, de Gesamttariff wäert an d'Luucht goen.

Zum Ofschloss vläicht déi Bemierkung: Mir sinn als Stad Esch an enger uniquer Positioun. Mat deene Participatiounen, déi mer an der Sudstroum, mee awer och an deenen anere Societéiten, déi haut net um Ordre du jour sinn, mee déi awer och e wichtege Rôle spillen, hu mer eis energeetesch Zukunft selwer an eiser Hand. An dat ass eng enorm wichteg Viraussetzung, fir kënne gutt Energiepolitik ze maachen.

An dowéinst ass d'Sudstroum, mengen ech, ee weesentleche Bestanddeel, ee weesentlecht Pëselstéck an deem Escher Mix, Energiemix an an der Escher Energiepolitik.

An dofir ass och déi Kapitalerhéijung, iwwer déi mer haut deliberéieren, eng Noutwendegkeet, fir déi doten Aktivitéite kënne weider ze developpéieren. An dofir bieden ech och ëm d'Ënnerstëtzung fir dote Kapitalerhéijung vun der Sudstroum an ech freeë mech op d'Diskussiounen a soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Wie kann ech aschreiwen? Wie wëll drop reagéieren?

Da fänke mer mol eng Kéier mam Här Schmit un.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeschter.

Ech komme mol direkt, solle mer soen, op den Haaptsujet. Dat heescht d'Augmentation vum Kapital. Ech wäert Iech do vläicht iwwerraschen,

mee ech sinn am Fong geholl dofir. Awer am Fong geholl nëmmen aus engem trëfftege Grond: Well et fir mech ekonomesch am Fong geholl déi bescht Saach ass, wou een hei an där Situatioun ka maachen.

Also wäerte mir also mat Jo stëmmen, wat d'Augmentation vum Kapital ubelaangt vu Sudstroum, vu que datt et ëmmer sënnvoll ass, a Strukturen ze investéieren. A mir halen also där Politik bäi. Wann et ekonomesch gesi wierklech méi sënnvoll ass, da si mer och bereet, dat matzedroen.

Wat elo gesot ginn ass och vum Här Schockmel an och vum Här Sehovic iwwer d'Certificaten an de virtuell gréng Stroum. Et ass wouer, datt d'Elektronen, wéi mer jo héieren hunn, sech de kierzte Wee sichen. Dat heescht, fir et prezis ze soen, gréng Stroum hu net onbedéngt, hu mer just um Pabeier. Well d'Elektrone siche jo ëmmer de kierzte Wee. Nëmme fir ze soen, wann ee vu gréngem Strom schwätzt.

Et ass zwar wouer, datt ee mat deene Certificaten, solle mer soen, d'Iddi vum Grénge Strom am Generellen ënnerstëtzt, mee dat wëll net soen, datt de Strom, dee wou ee wierklech verbraucht, ëmmer gréng ass.

Doriwwer eraus ass den Nodeel dovunner, wann ee mat sou enger Politik fiert, datt een am Akaf och ëmmer nëmmen oppasst duerch d'Certificaten, datt ee Grénge Strom akeeft, an natierlech dat eng Incidence op de Präis huet. An dat heescht, de Präis ass normalerweis an deem Fall meeschtens méi deier.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Dat stëmmt net.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Dat kann een nokucken. Dat stëmmt. Wann een et global kuckt, ass dat esou.

Op jiddefalls ... an dann huet den Här Sehovic och nach gesot, datt ee, well mer jo sou interkonnektéiert wären, datt am Fall vun engem Manque d'énergie Energie vun anerwäerts kéim, fir dat opzefänken.

Mir hunn awer och héieren, datt Energie sech ëmmer de kierzte Wee am Fong geholl sicht, d'Elektronen, fir am Fong geholl maximal effikass ze sinn. Dat heescht, zum Beispill an de Wantermént, wa mer Problemer do hunn, wa mer eng Flaute hätten, dann ass dat ganz schwiereg an deem Fall, vu Spuenien aus déi néideg Energie bis hei erop ze kréien. Sutrout wann een nëmme mat Renouvlable géif schaffen.

Also et si vill Experten, déi soen – an ech sinn och där Meenung –, datt, wann ee komplett renouvlable ass, dann ass de Reseau net viabel.

*(Interventiounen)*

Ech géif mengen, datt dat esou wier.

Wann Dir mengt, dat wier net esou, da kënne mer dat jo vläicht emol kucken, wann Der wierklech ... wa mir iergendwann emol alleguerten op 100 % renouvlable sinn, ob dat dann esou ass. Well ech soen Iech, dat ass bestëmmt net esou.

An dat ass net sou, datt e Marché géif fonctionéieren. Dat heescht, den europäesche Marché, wann en nëmme mat 100 % renouvlable Energië géif dee Marché net fonctionéieren iwwer d'Joer gesinn. Dee géif zesummebriechen.

An dat kann een noliesen, wann ee sech interesséiert fir déi Sujeten. Am aktuelle Fall

an och déi ganz wéineg a minimal Capacitéite vun Energiespäicher, déi wou mer momentan zur Verfügung hunn, wou se alt net gutt fonctionéieren. Dat ass infinn. Dat géif guer net duergoen, fir eng richteg Energieflaute opzefänken.

Also ech fannen, deelweis, wat do gezielt gëtt, ass fir mech nëmme gréng Propaganda.

Jo, do kann een driwwer laachen. Mee et kann ee sech jo informéieren an dat noliesen. Den Internet gëtt et jo. Dir kënnt dat jo och roueg nokucken. An d'Leit dobausse kënne sech jo och informéieren.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Afd.de ass keng gutt Informatiounsquell.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Nee, dat ass net onbedéngt meng Haaptquell, wou ech kucken. Éierlech gesot, déi hunn ech mol nach guer net gekuckt. Bis elo.

Mee vläicht ass dat eng gutt Iddi. Wann déi vläicht Informatiounen hunn, dann ass dat vläicht eng gutt Iddi, datt ech och emol dohinner kucke ginn. Mee bis elo hunn ech dat nach net gemaach.

*(Internventioun Madamm Mandy Ragni)*

Jo, an ech muss soen, datt ech elo momentan dru sinn. Dir kommt jo nach drun. Also gedëllegt lech wannechgelift ee Moment. Dat wär ganz léif.

Jo, wéi gesot, dat wat d'renouvlabel Energien ugeet an d'Certificaten, hunn ech lech jo elo e bësse gesot, wat meng Iddi ass. Ech géif fannen, datt déi Politik, 100 % renouvlabel anzekafen, net ... ekonomesch gesinn och. Grad sou wéi ech ekonomesch hei dofir sinn, datt mer eng Augmentation de capital maachen, sinn ech grad sou ekonomesch wär ech dofir, datt een net onbedéngt 100 % drop pucht, fir sech op renouvlable Energie anzekafen, well dat am Fong ekonomesch, solle mer soen, zum Nodeel ass.

A well et och im Endeffekt, wann een dat bis ganz ... net nëmme lokal, wéi Dir sot, mee wann een et wierklech op enger Makrobasis gesäit, net viabel ass. Voilà, dat ass meng Meenung zu deem Sujet.

Wéi gesot, dann ass nach gesot ginn ... Sudstroum funktionéiert relativ gutt, well mer jo och an engem Situatioun vum Pseudo-Monopol sinn. Wat jo am Fong geholl och fir Sudstroum zwar gutt ass, a fir Esch iergendwéi och. Mee et muss ee soen, datt trotzdeem a leschter Zäit do gewëss Problemer sinn.

Well mer hate rieds, datt et jo elo net méi annuell Ofrechnung ass an datt se – dat ass elo mol e ganz anert Theema. Datt d'Ofrechnungen net méi annuell gemaach ginn, mee mensuel.

An ech hu vu Leit héieren, datt do och Problemer si säitdeem. Am Beispill vun den Domiciliatiounen zum Beispill, datt do alt zweemol oder dräimol géif ofgerechent ginn. An datt ech a mengem Ëmfeld Leit hunn, déi wou sech do beschwéieren, datt dat net ëmmer sou reiwungslos ofleeft, wéi dat elo vläicht hei, wéi een dat vläicht hei konnt eraushéieren. Dee Punkt wollt ech just soen.

Ech weess elo net, well ech nëmmen e puer Fäll do kennen, ob dat wierklech eng Tendenz ass oder en Zoufall. Mee ech wollt dat awer hei kuerz uspriechen, well ech mengen, datt een déi Saach och ... solle mer soen, datt do och net alles ëmmer sou roseg ass, wéi een dat vläicht kéint mengen.

Elo zum Schluss. Also, wéi gesot, Sudstroum ass fir Esch op jiddefalls a global gesi jo eng gutt Saach. Et ass och gutt, datt Esch eng grouss Kontroll iwwer säin eegene Reseau huet a seng Stroumversuergung. Am Prinzipp si mir och domadder averstanen a voll zefridden.

Wat d'Augmentation de capital ubelaangt, déi ënnerstëtze mer. Mir hu jo gesot firwat. Aus prinzipiell ekonomesche Grënn. An dat war am Fong mäi Bäitrag zu deem heite Sujet. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ech wollt als éischt och dem Här Schockmel Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, an natierlech och all deene Leit vu Sudstroum fir d'Engagement.

Ech kommen elo op e puer Saachen erëm, déi mech einfach elo stéieren. Well ech hunn eppes géint Populismus, ech hu wierklech eppes géint populistesch Remarken. D'Energiepräisser sinn am Moment op de Boursse sou bëlleg wéi nach ni.

A wann een zum Beispill äntwert, de Stroumpräis par rapport zu der Kuel, de Kueleverglaich, gesäit een, wat am bëllegsten ass. Dat heescht, dat stëmmt net, datt erneierbar Energië forcement méi deier si wéi aner Energiequellen.

Bon, ech kommen hei zeréck, ech mengen, op d'Sudstroum, well dat ass jo e Sujet vun haut. Ech mengen, et ass wichteg, datt d'Energie an der ëffentlecher Hand bleift. Ech mengen, dat ass wierklech dat, wat muss sinn, fir ze garantéieren, datt een eng anstänneg Infrastruktur huet, datt d'Bierger an d'Biergerinnen Energie kréien zu engem, wéi den Här Sehovic sot, fairen a bezuelbare Präis.

Ech wëll awer hei just eng Klamer opmaachen. Mir hu virdru gehéiert, dass et elo 15 % méi deier gëtt. Wann een dat sou op der Grafik kuckt, gesäit dat net vill aus, mee et ka fir een oder aneren awer vill sinn. Mee gottseidank hu mer jo och do d'Allocation de vie chère, respektiv och eisen Office social, fir deene Leit ze hëllefen. Wat och elo gutt ass an dësen Zäiten, ass, dass d'Energiepräisser alleguerten … d'Fournisseure sinn amgaangen, de Präis vum Stroum erofzesetzen, wat och gutt ass, fir e bëssen d'Hausse vun de Reseauskäschten ze kompenséieren. Et sinn am Fong keng Haussë vun de Reseauskäschten, mee et ass, well d'Participatioun vum Staat méi erof geet.

Dofir ass am Fong dës Erhéijung vum Kapital einfach enorm wichteg. Et muss een nämlech an d'Sécherheet, an d'Moderniséierung vun der Infrastruktur, an de Reseau investéieren. Et ass enorm wichteg, op eneierbaren Energien ze maachen, wat d'Sudstroum jo och mécht.

An ech ginn och do dem Här Sehovic honnertprozenteg Recht: Et ass gutt, datt Esch déi Societéiten huet. Mir hunn d'Sudstroum, mir hunn d'Sudenergie. An domadder kënne mer wierklech garantéieren, zu engem bezuelbaren, faire Präis, Energie ze maachen. An et ass einfach wichteg, an all déi Projete kënnen ze investéieren, dës Kapitalerhéijung.

Et geet net op eng aner Manéier. Ech mengen, et kritt een heiansdo als Kritik gesot, jo, firwat kritt d'Gemeng dat ganzt Kapital ausgeschott. Mee dat ass einfach vun der Form vun der Societéit. Et ass eng Société à commodité. Déi muss alles ausschëdden.

Awer wat hei jo gutt ass, dës Majoritéit suergt dofir, datt dat Kapital, dat vu Sudstroum kënnt, erëm nees zeréckgeet an d'Energie an de Bierger zu alle Säiten zeguttkënnt. Dofir wäerte mir honnertprozenteg dës Kapitalerhéijung, déi noutwendeg, richteg a wichteg ass, ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Torsten Schockmel fir déi ganz explizitt Duerstellung vun der Situatioun vu Sudstroum. An och fir déi awer – wéi kann een dat soen – den net einfachen Exercice, eng ganz komplex an och technesch Matiär op eng awer konzis a verständlech Aart a Weis duerzestellen.

Den Här Sehovic huet gesot, et wier gutt, datt mer deen Exercice hei géife maachen en début de législature. Dat ass sécher richteg, mee d'Wourecht ass och, et ass déi éischt Kéier, datt mer deen Exercice maachen, zënter d'CSV, d'DP an déi Gréng hei d'Majoritéit stellen. Dat heescht, et ass déi éischt Kéier zënter, wann ech richteg nogekuckt hunn, aacht oder néng Joer, datt mer dat do sou am Detail maachen.

Wat awer extreem wichteg ass. Well mir si wierklech an enger immens gudder Situatioun hei zu Esch, datt mer eebe justement souwuel d'Netz wéi awer och Akaf a Verkaf vun Energie an ëffentlecher Hand hunn, doduerch datt Sudstroum zu 100 % der Stad Esch gehéiert an d'Stad Esch Actionaire unique vun där Gesellschaft ass.

Dofir géif ech mer wënschen, datt dat hei elo net e One-shot ass, wou mer driwwer schwätzen, mee datt mer dat méi dacks kënne maachen. An ech hoffen och, datt, wa mer dat nach eng Kéier sollte maachen, datt mer vläicht och an der Dokumentatioun am Virfeld e bësse méi etoufféiert kënne schwätze wéi eng Säit. Et gi Preparatiounen, déi och ganz gutt sinn, déi, mengen ech, och nëtzlech wieren, wa mer déi am Virfeld hätten.

Den Här Bermes huet ganz zu Recht gesot, datt et onheemlech wichteg ass, datt een d'Energie an ëffentlecher Hand huet. Dat ass zu Esch de Fall. An dat, wat mer, mengen ech, bräichten, dat ass ze kucken, wéi kënnen déi zwee grouss Acteuren, d'Stad Esch op der enger Säit a Sudstroum op der anerer Säit, wat jo da sou eng Zort Public-Public-Partnership kéint sinn, wéi kënnen déi zesumme funktionéieren, fir dem Zil vun enger avancéierter Energietransitioun méi no ze kommen.

Dat heescht, ech mengen, datt mer – och wa mer elo hei iwwer déi Kapitalerhéijung schwätzen, déi mir d'ailleurs och matstëmmen dës Kéier. Wuelwëssend datt d'Kapitalerhéijung an eisen Aen déi zweetbescht Léisung ass.

Déi bescht Léisung wier, Investitioune vu Sudstroum ze maachen. Dat heescht, datt d'Beneficer net sou héich sinn, déi dann ausgeschott ginn un d'Gemeng, wou mer dann och musse Steieren drop bezuelen. Mee datt duerch Investissementer vu Sudstroum selwer Beneficer manner héich sinn an doduerch och méi finanziell Capacitéit do ass.

Dës Kapitalerhéijung rechtfäerdegt sech awer. An dat, wat mer erkläert hunn, mécht och komplett Sënn, well et ëm de Fonds de roulement vu Sudstroum geet.

D'Fro ass also: Mer erwirtschaften, mat deem bëllegsten oder niddregsten Tariff zu Lëtzebuerg erwirtschafte mer Beneficer mat Sudstroum. An d'Fro ass – an do mengen ech, musse mer awer nach e groussen Effort

maachen –, wat maache mer mat deene Beneficer. Dat heescht, wéi gi mir an enger ... wat ass d'Roll vun der Gemeng, wat ass d'Roll vu Sudstroum, fir déi Energietransitioun virunzedreiwen.

An ech mengen, datt mer eis do och Planungsinstrumenter musse ginn, déi och quantifizéierbar sinn, datt mer soen – Dir hutt et am Usaz gemeet mat deene Projeten, déi Der elo zum Schluss ernimmt hutt –, Saachen, wou ee quantifizéierbar mécht, wou ee seet, wat ass d'Roll vun der Escher Gemeng doranner.

Wat ass den Invest vun der Escher Gemeng bei Projeten, a wat ass den Invest vu Sudstroum. Fir dann och iergendwa kënnen ze soen, mir wäerten op eng Produktioun vu sou vill, am beschte Fall 1000 kW Pic iergendwann eng Kéier kommen. A wat d'Weeër dohinner och sinn.

Ech mengen, datt dat e wichtegen Exercice ass, deen och an der Vergaangenheet, och virun dëser Koalitioun net gemeet ginn ass. Aus verschiddene Grënn. Also ech mengen net, datt dat nëmme Béisaartegkeet ass oder datt een dat wëll verheemlechen. Mee ech mengen, datt mer do wierklech nach missten eis méi staark opstellen.

Well ech mengen, Sudstroum, nieft der – dat hu mer jo elo och gutt duergestallt kritt – nieft dem Akaf an dem Verkaf vun Energie, mengen ech, datt mer nach weesentlech méi staark mussen an d'Produktioun vun Energie eraklammen. Iwwer déi Moyenen, déi et gëtt. Dat heescht Solarenergie an awer, an dat ass och elo hei net genannt ginn, iwwer Wandkraaft.

An ech mengen, datt déi Projeten, déi mer am Moment virleien hunn, par rapport zu dem realiséierte Benefice iwwer déi lescht 15 Joer awer leider just anekdotesch sinn. Dat heescht, déi Invester a Produktioun vun erneierbarer Energie ass en rapport zu deene Beneficer, déi an de leschte 15 Joer gemeet gi sinn, nach anekdotesch. An ech mengen, datt mer do e weesentleche Schrëtt an den nächste Jore missten unzéien.

Zum Beräich Solar muss ee soen, datt ... mir hate jo virun enger Woch de Budget votéiert. An do gëtt et ee Budgetsposten, datt déi kommunal Primme sinn, wann een eng Solaranlag op säin Daach mécht.

Wann een dat alles héichrechent – an Dir hutt warscheinlech och déi méi genee Zuelen –, et si vill ze wéineg Leit, déi dovunner profitéieren. An ech mengen dofir, datt mer och Synergien nach eng Kéier musse sichen an deem ganze Beräich vun Energieberodung.

Energieberodung net nëmme wat déi eege Consommatioun ugeet, mee och Energieberodung fir de Leit nach méi kloer ze maachen, wéi eng Virdeeler, och ekonomesch Virdeeler si hunn, wa si géife mat op deen dote Wee goen. Wëssend, datt effektiv jo eng vun de wéinege sënnvolle Saachen, déi dës Regierung annoncéiert huet, nämlech de Prefinanzement vu sou Anlagen, an Ugrëff geholl soll ginn.

Ech mengen, datt dat ganz wichteg ass, datt mer och wat de ganze Beräich vun de Communautés énergétiques ugeet, wou ech schonn awer och vu Leit héieren hunn, déi wëlles hunn oder déi bereet wieren, eng Communauté énergétique anzegoen, déi awer selwer an enger Residenz wunne mat sou vill verschiddene Parteien.

An do och wierklech cibléiert Berodung ze maachen, ass, mengen ech, ganz wichteg. An ech mengen, datt och do muss en Zesummespill si vu Sudstroum a vun der Escher Gemeng.

Den zweete Volet, wou ech mengen, datt mer wierklech nach onheemlech vill Potenzial hätten, fir an erneierbar Energie ze investéieren, dat ass Wandkraaft. Ech ka mech erënneren, datt déi Zäit, wou ech och nach am Conseil de surveillance war, hu mer Etüden an Optrag ginn. Et gëtt e Wandkadaster hei zu Lëtzebuerg, et gëtt awer och e Wandkadaster notamment a Frankräich.

An déi Zäit ass erauskomm, datt fir Wandenergie eigentlech zu Esch zwou Plaze gëeegent wieren – theoreetesch. Déi eng, do gëtt elo e Südspidol gebaut. Dat heescht, déi fält ewech. An déi aner, do ass d'Fro net gekläert, ob net ënnendrënner Minne sinn. Dat heescht, d'Stabilitéit ass do a Fro gestallt.

An ech hunn ëmmer dofir plädéiert, datt mer, wa mer a Wandenergie wëllen investéieren, datt mer a konzentresche Kreesser solle virgoen. Dat heescht, dat anert wär wierklech eng Tautologie. Datt mer sou solle virgoen, dat heescht, wat zu Esch net méiglech ass, wat ass an eisen Nopeschgemengen eventuell nach méiglech.

An och do ginn et, an ech hunn dat ugeschwat, et gëtt e Wandkadaster. An notamment hei op der franséischer Säit, Audun-le-Tiche ass ganz gënschteg, fir eventuell Wandanlagen opzeriichten. Do gëtt et eng ganz grouss Potenzialitéit.

An dat kéint wierklech eng Win-Win-Situatioun sinn. Eng Win-Win-Situatioun souwuel fir Audun-le-Tiche, déi am Moment Broochen hunn a ganz wéineg ekonomesch Aktivitéit. An op der anerer Säit eng Win-Situatioun fir Sudstroum, an domadder fir d'Stad Esch, datt mer géifen an déi Energieform och investéieren an eis eeben och manner ofhängeg maache vun de Fluktuatioune vum Marché. Dat géif eis och eng weider Previsibilitéit ginn, wat, mengen ech, wichteg wier.

An et wier och do, wann een dat ... et ass deelweis eng politesch Fro, well et transfrontalière Fro ass. Et ass eng Fro vum politesche Wëllen, fir an déi dote Richtung ze goen. An et wier en Zeechen och vun enger transfrontalièrer Politik vun der Escher Gemeng, déi méi wäit geet, wéi ee Mol d'Joer Kölle Alaaf ze jäizen. Och wann dat vläicht ganz lëschteg ass.

Mee ech mengen, dat hei wär eppes, wat ganz sënnvoll an eigentlech liewenswichteg ass, wann ee weess, datt de Kampf géint de Klimawandel an déi domadder Transition énergétique eng vun den zentralen Erausfuerderunge soll sinn.

Vläicht nach e puer Saachen. D'Liberaliséierung vum Stroummaart ass e Problem, dee warscheinlech an den nächste Joren nach weesentlech méi grouss ass. Well déi Liberaliséierung vum Stroummaart op europäeschem Niveau huet och ee fundamentale Prinzipp mat gefouert, dat ass nämlech de Käschtendeckungsprinzipp. Dat heescht, de Verbraucher kënnt fir d'Invester op.

Dat heescht, dee massiven Ausbau vun den Netzer, dee mer brauchen, wa mer wëllen ewech vu fossillen Energien a mer wëllen eng Elektrifizéierung wëlle pousséieren, da musse mer massiv an d'Netzer investéieren. An déi Käschten, déi ginn op d'Ennconsommateuren ofgeleet, dat heescht, op d'Verbraucher. An et sinn d'Netzkäschten, déi déi gréisst Augmentatioun gemeet hunn an de leschten 10, 15 Joer.

Wann et awer elo politesche Wëllen ass, fir ze soen, mir wëllen a mir mussen an d'Netzer investéieren, da mengen ech och, datt et d'Aufgab vun der ëffentlecher Hand misst sinn, genau déi dote Käschten ofzefiederen, respektiv selwer ze iwwerhuelen. Dat geet awer just ganz schwiereg iwwer herno Präisdeckelen, déi ee mécht.

An et ass eng europäesch Decisioun. Do ass et ganz schwiereg, fir ingeniéis domadder ëmzegoen, sou datt den Ennconsommateur net dovunner betraff ass.

Da fannen ech déi Projeten, déi Der annoncéiert hutt, wou ech dann och vläicht frou wier, wa mir dat eng Kéier schrëftlech hätten oder iergendwéi méi wéi elo just dee mëndlechen ... dat fannen ech awer ganz interessant. Ech mengen och, datt do e ganz grousst Potenzial doranner besteet.

Effektiv, déi grouss Erausfuerderung vun der Transition énergétique sinn d'Späichercapacitéiten, sinn d'Batterië wann ee sou wëll. Et gi sou natierlech Batterien, wéi Stauséien, déi ee benotzen an unzape kann. Et gëtt och d'Pompspäicherwierk zu Veianen. Dat ass sou eppes, wéi eng Batterie.

Da ginn et awer natierlech och déi Batterien, déi mer kennen. Déi mer an den Autoen hunn oder déi verschiddener an den Autoen hunn. An et gëtt och d'Fro vun den Iwwerschëss, vun de Picken, déi mer an der Produktioun vum Stroum hunn, ob net och deen an Hydrogeen ëmgewandelt ka ginn.

Dat heescht, d'Energie, déi bleift. Dann ass Hydrogeen wéi d'Batterie. Dat heescht, d'Energie, déi et gëtt, gëtt flësseg gemeet a kann dann herno zu engem spéideren Zäitpunkt erëm benotzt ginn.

Ech mengen, datt dat Weeër sinn, wéi mer sënnvoll an onbedéngt noutwendeg kënnen ewech vun de fossillen Energien, déi zu all deene Problemer d'ailleurs féieren. Dat heescht, déi ganz Fro, déi – den Här Schockmel huet och zu Recht drop higewisen. D'Volatilitéit ass net nëmmen eng bei den erneierbaren Energien.

Mee d'Volatilitéit, wa mer kee Waasser hunn duerch de Klimawandel, mee da produzéiert Cattenom kee Stroum méi. An da produzéieren och d'Kuelekraaftwierker kee Stroum méi. Dofir musse mer alles maachen, all Efforte maachen, fir ewechzekomme vun deene fossillen Energien. An ech mengen, datt d'Gemeng wierklech nach, datt nach Sputt no uewen ass an der Produktioun vun erneierbaren Energien.

An et muss ee sech och do d'Fro stellen, wann een, an dat ass mäi leschte Gedanken. Et ass keng Afrostellung, mee et ass einfach sech nach eng Kéier seriö d'Fro stellen, ob déi Struktur vu Sudstroum, datt et nämlech eng Société en commodite simple ass, wat deelweis och mat steierleche Froen dee Moment ze dinn hat, wéi se kreéiert ginn ass. Ob dat wierklech déi adaptéierst Gesellschaftsform ass fir Sudstroum.

Ech menge just, datt een och dat nach eng Kéier sollt op de Leescht, datt een dat nach eng Kéier seriö sollt kucken. An eventuell, wann aner Konklusioune kommen ... ech hunn do och keng fix Meenung. Ech denke just, et soll een dat nach eng Kéier ënnersichen, fir eebe justement kënnen dee groussen Acteur ze ginn an der Transition énergétique, dee mer eigentlech misste sinn. A wou mir als Stad Esch all d'Moyenen an der Hand hunn, fir dat ze maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Dann huet d'Madamm Ragni d'Wuert an duerno den Här Funck.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Schockmel an Här Sehovic, fir déi ausféierlech Interventioun.

Ech mengen, wann een eigentlech am Alldag sou zeréckuckt, wou een eigentlech iwwerall Stroum brauch, gesäit een eigentlech, wéi wichteg dëse Service hei ass.

Ech hu mer e puer Gedanke sou gemaach bei der Presentatioun an hu mer e bësselchen du sou opgezielt, wou brauch een dann eigentlech Stroum. Ech mengen, fir ass et evident: Mir drécken e Knäppchen, d'Luucht ass un. An eigentlech gëtt ee sech däers am Alldag net méi sou bewosst.

Et ass en absolutt wichtege Service, well en eis als Gemeng och zum Deel onofhängeg mécht. Mir huelen eis eege Verantwortung fir eis Bierger. A mir kënnen och hei méi gréng a méi nohalteg sinn, méi resilient an och méi Stabilitéit ubidden.

D'Offere vum Grénge Stroum an dann awer och vun der Photovoltaik hier, dem Carsharing, d'Probéieren, de sozialen Affären d'Präisser u sech och anzehalen, sinn eigentlech wierklech vill Servicer fir de Wuel vun eisem Bierger.

Awer och déi grouss Projeten, déi elo u sech annoncéiert gi sinn, wéi d'Dieren opmaachen, fir d'Solarenergie op Balcone kënnen ze setzen, also d'Photovoltaik, an eigentlech och d'Opmaache fir d'Locatairë fannen ech en extreem wichtege Volet, well dat bis dohin eigentlech net méiglech war an een eigentlech déi Leit, déi gäre wéilte méi doranner investéieren, blockéiert huet, well se Locatairen da waren.

Wat awer och interessant ass, ass eigentlech déi Elektromobilitéit, déi elo schonn amgaangen ass mat deene 35 Emplacementer, déi an de Quartiere kommen. Wat och hei eigentlech erëm dem Bierger et méi einfach mécht, fir kënnen op dat do ëmzeklammen. Dat heescht, op Elektromobilitéit ëmzeklammen. Et vereinfacht d'Saach.

An do denken ech einfach, dass d'Leit och dann en Ëmdenken hunn, fir kënnen, wa se et och vun der Gemeng aus méi einfach gemaach kréien, fir hiren Auto ze lueden, fir Photovoltaik op hiren Daach ze leeën, dass dat eigentlech och e Service ass, dee wierklech wichteg ass fir d'Leit.

Och mat de Luuchtepottoe fannen ech eigentlech och eng ganz flott Saach, well mer déi jo eigentlech schonn do stoen hunn. A firwat net dovunner profitéieren, anstatt dann aner Bornen ze installéieren.

Och de Solar-Carport, déi zéng Projeten, ass wierklech flott, een do och eigentlech, mat engem Schlag eigentlech zwou Saache maache kann: den Auto schützen an dann awer och Solarenergie produzéieren.

Ech fannen awer och d'Iddi vum Här Baum, muss ech soen, fir d'Energieberodung eigentlech eng ganz gutt. Well ech denken, dass een awer do och nach wierklech vill méi ka maachen, och an der Locatioun oder a grousse Residencen, wou een einfach och méi sech kann zesummendoen. An haut sinn ech et mol eng Kéier, déi den Här Baum lueft.

An dann zum Här Schmit, do géif ech awer ganz gären eppes soen. Also eigentlech wär et ganz sënnvoll – ech ginn Iech dat just mat als Tipp –, dass Der Är Reiefolleg e bësselchen ännert. Dass Der Iech als éischt informéiert, bevir Der Är Interventioun haalt. An da kënnt Der och sou populistesch Aussoen Iech einfach erspueren. Ech wollt Iech dat just als Tipp mat op de Wee ginn.

Ech soen Iech villmools Merci fir Äert Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. An dann ofschléissend den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech probéieren dann, méi zaart unzefänke wéi d'Madamm Ragni elo opgehalen huet.

Ech hu mer iwwerluecht, wéi ech heimadder géing ufänken. An ech fänken einfach mat engem Wuert un: Bravo. Bravo, éischtens emol 2008 der rout-grénger Majoritéit fir déi Initiativ, dass d'Sudstroum kreéiert ginn ass an dass mer d'Tafelsëlwer och behalen hunn als Stad Esch an dass mer d'Vermaartung och iwwer deen dote Wee konnte maachen.

Awer och bravo der Direktioun. Ech mengen, mir hunn den Här Schockmel, oder all Mënsch huet den Här Schockmel heifir gelueft. Ech wëll awer och dovunner profitéieren, fir dem aneren Direkter, dem Här Paulus, e grousse Respekt auszeschwätzen. An och der ganzer Ekipp. An ech wëll och der Sudstroum felicitéiere fir hir Personalféierung.

A mir wëssen, dass et ëmmer méi spezifesch Profiller brauch. A si fannen déi Profiller, a si ginn deenen d'Chance. Si ginn den Talenter d'Chance, sech weiderzeentwéckelen, an dat ass luewenswäert.

Zënter 16 Joer, mir hunn et héieren, gëtt et elo eng konstant Innovatioun. Den Här Schockmel huet eis eng Timeline ginn – an ech sinn do ganz beim Här Baum. An ech soen dat och ganz oft am Conseil de surveillance, dass et gutt ass, dass de Conseil reegelméisseg informéiert gëtt. Mir hunn awer haut déi ganz Timeline vun Ufank u kritt bis haut, wou mer hikomm sinn. An et ass eng konstant Innovatioun, déi et gëtt, an eng konstant Entwécklung.

Den Här Sehovic huet eis déi eenzel Projeten, déi an der Pipeline sinn, d'Etüden, déi amgaange sinn, gemaach ze ginn, an déi ofgeschloss sinn, virgestallt. An Dir gesitt, dass et och do weidergeet.

An, jo, vum Stroumubidder Sudstroum ass elo e wichtegen Acteur ginn, oder gëtt nach méi e wichtegen Acteur an erneierbaren Energien an an der Telecom. An unhand vun de steigende Clientszuelen, souwuel hei zu Esch wéi och ausserhalb vun Esch, mierkt een, dass d'Sudstroum eng reell Success-Story ass.

An et geet der Gesellschaft och drëm, an och de Memberen aus dem Conseil de surveillance, fir ze kucken, dass d'Stroumpräisser, an d'Präisser allgemeng attraktiv bleiwen an zougänglech fir jiddereen.

An do huelen ech ee Beispill eraus, wou nach keen driwwer geschwat huet: aus dem Telecoms-Beräich. 25 € de Mount fir 50 Mbit/s. Den eenzegen Operateur, deen dat ubitt, fir dass d'Leit alleguerte kënnen Accès op den Internet hunn.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Très bien!

**M. Ben Funck (LSAP)**

An ech mengen, dat ass eppes, wou mer och mussen an de Vierdergrond setzen. Dass et dat nach ëmmer gëtt. An do si mer alleguerten, parteiiwwergräifend, der Meenung, dass dat soll bleiwen, fir dass d'Leit deen Accès kréien.

Par conter muss ech dann awer vläicht mat engem bësse manner positiven Toun ophalen. An zwar deen, dass mer als LSAP weiderhin der Meenung sinn, dass et net gënschteg ass, dass de Büro vun der Sudstroum just aus Schäfferotsmembere vu politescher Säit besteet. Ech hoffen, dass mer dat iergendwann ännere kënnen. Aus Transparenz- a Gouvernancegrënn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Dann äntwert den Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Virun allem awer e grousse Merci allen Intervenanten a fir déi ganz breet Ënnerstëtzung fir déi dote Kapitaliséierung vun der Sudstroum, déi ech elo aus den Interventiounen eraushéieren hunn.

Ech gi vläicht just nach an op verschidde Wuertmeldungen, verschidde Froen, déi am Raum stoungen. Grénge Stroum just géing um Pabeier ginn. Här Schmit, dat stëmmt net. Dee Stroum, dee mer op eise kommunalen Diecher produzéieren, ass e ganz reelle Stroum zum Beispill. Gëtt et net just um Pabeier.

An da si mer eeben, wéi gesot, dat ginn ech gären zou, an engem relativ komplexe System, dee weltwäit komplex ass, deen eebe mécht, dass et Reguléierunge gëtt, Norme gëtt, Zertifizéierunge gëtt, sou wéi et déi an all Beräich vun der Ekonomie gëtt. Dat ass eigentlech näischt, wat just am Stroum de Fall ass.

Et ass och absolutt net esou, dass erneierbar Energien dozou féieren – also éischtens méi deier wäre wéi dat, wat mer am Moment hunn. An och sécher ass et net richteg, dass et d'erneierbar Energië sinn, déi dozou gefouert hunn, dass d'Energiekäschten an de leschte Joren geklomme sinn.

D'erneierbar Energien, den Ausbau vun enger Solaranlag op sengem eegenen Daach zum Beispill oder um Balcon, sou wéi mer et elo geschwë wëlle proposéieren, ass déi käschtegënschtegst Méiglechkeet, fir Stroum ze produzéieren.

Wann ech mer zum Beispill kucken, wat am UK, d'brittesch Regierung vu garantéierten Aspeisetariffer Areva ubitt, also dem däitschen Atomreakterkonstrukteur, fir dass déi iwwerhaapt emol en Atomreakter bauen a fir dass dee sech rentéiert.

Dat si Steiersuen, déi do a Milliardenhéicht musse mobiliséiert ginn, fir dass do iwwerhaapt Atomenergie produzéiert gëtt a fir dass sech dat iergendwéi rentéiert fir e privaten ... bon, wat heescht e privaten, fir e staatleche Konzern aus Frankräich. Dat ass just méiglech, well et Regierunge gëtt, déi bereet sinn, Milliarde Subventiounen ze bezuele fir Atomenergie. Op Käschte vun de Leit natierlech.

Et stëmmt och net, dass et méi onzouverlässeg ass. Wéi gesot, et ass au contraire sou, dass ... ech mengen, wa mer eis elo d'Beispill vun der Sudstroum ukucken, mat deene Capacitéiten, déi mer op eisen eegenen Diecher installéiert hunn op der enger Säit. A vläicht awer och, wann ech déi Capacitéiten eranhuelen, déi mer mat der Sudstroum installéiert hunn op anere Plazen, net zu Esch, da si mer an enger Situatioun, wou mer en Deel vun eiser Consommatioun kënne selwer produzéieren.

Dat ass eng Garantie, dass mer Stroum hunn, et ass eng Garantie, dass mer onofhängeg sinn. An ech géing soen, pi mol Daumen, wann ech dat elo mol am Kapp zesummerechnen: Déi Capacitéiten, déi mer zesumme mat der Sudstroum installéiert hunn, erlaben eis haut schonn, ronn 10 % vum Energiekonsum vun eise Menagë komplett selwer mat engem eenzegen Acteur ze produzéieren an ze bedéngen. Dat ass d'Equivalenz iergendwou.

Dat heescht, se mécht eis net méi ofhängeg, mee au contraire, se mécht eis méi sécher, se mécht méi onofhängeg vun aneren Acteuren. Vu Pëtrol-Diktaturen a vu Gas-Diktatoren iwwerall op der Welt.

An d'Fro ass eeben, an dat hunn ech net eraushéieren aus Ärer Interventioun – vläicht bitt

sech dann d'nächst Joer d'Geleegenheet, wa mer den Debat nach eng Kéier féieren. Mee ech hunn d'Alternativ net héieren. Wat d'Alternativ ass zu 100 % erneierbaren, propperen, séchere Energien, dat hunn ech vun Ärer Säit net héieren.

Wëllt Der méi Atomstroum? Wëllt Der Cattenom verlängeren? Wëllt Der méi Gas aus Russland erëm importéieren? Wat ass Är Alternativ, Här Schmit? Dat muss ech lech héieren.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

E Mix.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Wat ech ëmmer erëm wëll wierklech ënnersträichen – ech hunn et schonn d'lescht Woch bei der Budgetsdebatt ënnerstrach –, mir sinn hei an der Situatioun, dass dee Benefice, deen d'Sudstroum erziilt – dat ass dat Flott un der Sudstoum. Dee geet eeben net an d'Täsche vum Här Schockmel oder vum Här Paulus oder vu wiem och ëmmer. Dee kënnt den Escher Leit zegutt.

E kënnt och – dat hu mer elo haut net beliicht, mee wann ech mer zum Beispill ukucken ... dat ass eppes, wou mer honnertdausenden Euro pro Joer zum Beispill an de Sponsoring vun den Escher Sportsveräiner, Kulturveräiner, Kulturveranstaltungen a sou weider stiechen. Dat ass wierklech eppes, wat iwwer de rengen Aspekt vum Stroum wierklech dem Escher gesellschaftleche Liewen zeguttkënnt. An dat ass, mengen ech, eng gutt Basis.

Et ass gefrot ginn no enger Roadmap, no méi quantifizéierbaren Ziler an deem Ausbau vun den erneierbaren Energien. Dat ass eng Analys an e Besoin, deen ech deelen. Och einfach, well ech iwwerzeegt sinn, dass mer Previsibilitéit musse schafen.

An dass et méi einfach ass, grad an deene Beräicher, wou verschidden Acteuren intervenéieren – an hei si mer a sou engem Beräich –, dass et méi einfach ass, Synergien ze schafen a Kräften ze bündelen, wann een eng gewëss Roadmap opstellt.

Do si mer amgaangen, e bëssen dorunner ze schaffen. Et ass awer net sou, dass et dat nach guer net gëtt, well mer natierlech och e Wee gaange si scho mat der Sudstroum.

An nach eng Kéier: Wann ech mer eleng d'Zuelen ukucken – dat wëll ech wierklech ënnersträichen: d'Sudstroum, an och d'Stad Esch, ass Pionéier bei den erneierbaren Energien a beim Reseau. An ech wëll dat soen, well et och eng gewëss Traditioun ass hei zu Esch.

D'Sudstroum, wann ech an d'Stad ginn a wann ech do mat verschiddenen Acteure schwätzen, wann ech mat der Konkurrenz schwätzen zum Beispill, dat ass e Betrib, deen heiansdo belächelt gëtt. Déi do zu Esch, déi maachen hiren Déngens. An dat war schonn ëmmer sou.

An et gëtt Leit, déi wënsche sech, dass d'Sudstroum net funktionéiert a kee Succès huet a kee Benefice mécht. Well dee Modell vun der Sudstroum e Modell ass, deen, mengen ech, verschidde Leit net arrangéiert. Well et e Modell ass, deen eeben net just nom Benefice kuckt an net just nom Kapital kuckt, mee och ganz aner Ziler verfollegt.

An dat ass, mengen ech, eppes, wou mer kënnen als Escherinnen an Escher houfreg drop sinn op déi Pionéieraarbecht, op d'Innovatiounskraaft, déi mer hei entwéckelt hunn. Mee awer och op dee soziale Rôle, géing ech elo mol soen, dee mer hei kënne spillen.

Et ass richteg, mengen ech, dass mer nach Sputt no uewen hunn, wat d'Sensibiliséierung vun de Leit ugeet, an notamment wat eis Hëllefen ugeet. Mir haten doriwwer och

schonn d'lescht Woch e bësse geschwat. Mir wäerten am Laf vum nächste Joer – an do wäerte mer och sécher mat der Sudstroum musse kucken – kucken, wéi mer kënne besser kommunizéieren iwwer eis Primmen.

An dann eeben iwwer sou Projete wéi de Balcon-PV hoffentlech d'Méiglechkeet wäerten hunn, fir wierklech och Leit ze erreechen, déi bis elo net deelgeholl hunn un där Transitioun, well se an engem Appartement wunnen, an enger Residence zum Beispill, wou et da méi schwéier war, sech eens ze ginn. Also do hu mer schonn Hoffnung, dass mer do kënnen eis méi breet opstellen an och méi Leit nach erreechen.

Wat d'Wandenergie zu Esch ugeet ... Ech mengen, Här Baum, Dir hutt selwer jo och richteg scho mol d'Plazen ernimmt, wou dat an der Préiwung war, dass, wann een elo mol eng ganz niichter Analys mécht vun eisem Territoire, relativ wéineg Potenzial um eegenen Territoire.

Wat elo d'Nopeschgemengen ugeet, do gëtt et jo och nach aner Acteuren, wou d'Stad Esch Participatiounen huet, déi an deem Beräich och schonn aktiv sinn. Wat elo Audun-le-Tiche ugeet, mengen ech, wär dat, wéi soll ech soen, e Projet an eng Iddi, déi mer sympatesch ass, awer, géing ech soen, primairement aus symbolesche Grënn.

Well et schonn, mengen ech, e groussen Defi wär fir eng Sudstroum, fir op eemol op engem komplett neie Marché, op franséischer Säit, mat anerer Regulatioun, anere Gesetzgeebungen a sou weider a sou virun, aktiv ze ginn. An een net vergiessen däerf, dass déi Aart a Weis, wéi mer eis Klimaziler berechnen, eise Stroummix berechnen a sou weider, limitéiert ass op den eegenen Territoire.

Ech wëll net soen, dass dat elo e Grond ass, fir et net ze maachen. Mee et wär awer Stroum, deen net géing eis ugerechent ginn, deen net eis géing zeguttkommen. Wat awer elo net onbedéngt e Grond ass, fir dat net ze maachen. Aus enger transfrontalièrer Approche – an ech mengen, sou hat Der et jo och iergendwou geduecht. Et kann een eng Kéier driwwer nodenken.

Ech mengen, dass et vill Saache gëtt, iwwer déi mer eis hei am Raum allgemeng eens kënne ginn. Ech mengen och, dass et ganz vill Saache gëtt, Här Baum, wou mir zwee eis ganz gutt géingen eens ginn an deem dote Beräich. Et gëtt awer ee Punkt, wou dat, mengen ech, net de Fall ass.

Nämlech wat d'Aschätzung vun der Liberaliséierung vum Stroummarché ugeet. Well ech eigentlech fundamental iwwerzeegt sinn, dass dat eng gutt Saach ass, déi notamment gehollef huet, am Beräich vun den erneierbaren Energië weesentlech méi séier virunzekommen, an déi et erlaabt huet, och d'Präisser eigentlech éischter ze drécken.

Ech ginn Iech e Beispill. A well och d'Liberaliséierung ee vun de Kärinstrumenter an Necessitéite war, fir déi Demokratiséierung vum Energiereseau kënnen hinzekréien. An Däitschland ass et an de fossillen Energien einfach. Et gëtt véier grouss Konzerner, déi 90 % vun der fossiller Energieproduktioun maachen.

A wann ee sech dann de Pendant ukuckt an Däitschland vun erneierbaren Energien ass et genau ëmgedréint. 90 % vun der erneierbarer Energieproduktioun an Däitschland läit an den Hänn vu klenge Stied a Gemengen, vu Baueren, déi Energieproduktioun maachen, vu klenge Kollektivitéiten, vun Energiecommunautéiten, vu Kooperativen a sou weider a sou virun. An ech mengen, dass eeben déi Liberaliséierung zum Deel dat facilitéiert huet. Eng Dezentraliséierung vum Netz, eng Demokratiséierung vum Netz.

Mee Dir hutt natierlech richteg och erkannt, dass de Prinzipp schonn ass, den Invest an de Reseau käschtendeckend muss sinn an déi Käschte sech och dowéinst op de Rechnunge

vun de Consommateuren erëmfannen. Ech mengen, dass do ganz vill verschidde Facteuren zesummekommen.

Et muss ee jo – an dat ass vläicht eppes, wat ee kritiséiere kann am aktuelle Kontext – jo soen, dass déi ganz ganz grouss Consommateuren am Reseau sinn net d'Privatstéit. E ganz ganz groussen Deel vun eisem Stroumkonsum läit bei der produzéierender Industrie, läit am Artisanat a sou weider a sou virun.

Do ass elo mol de Choix geholl ginn, fir déi elo mol net ze bedeelege fir de Moment op d'mannst un deem Netzausbau. Dat soll awer nach kommen. Bon, wann ee mech gefrot hätt, ech hätt do d'Prioritéiten e bëssen anescht gesat. Mee et bleift awer, dass de dat iwwer all d'Netzkäschte verdeels op all d'Consommateuren, also och op d'Industrie an op déi grouss Consommateuren.

An – an dat wësst Der jo, dass de Stroumpräis jo eigentlech dräi Dimensiounen huet – dat, wat de Fournisseur eebe freet fir d'Käschte vum Stroum, dann de Volet vun den Netzkäschten an de Volet vun der Besteierung a vun den Accisen a sou weider a sou virun, déi s de drop méchs. Sou dass een op zwee vun deenen dräi Volete vum Stroumpräis duerchaus d'Méiglechkeeten huet, fir Incentiven ze setzen, fir d'Leit ze entlaaschten.

An dat jo och d'Sudstroum notamment elo am Kader vun der Annonce vum leschten Tariff genau sou gemaach huet. Andeems mer nämlech bei de Stroumkäschten erofgaange sinn, fir dann déi aner Voleten e Stéck wäit ze kompenséieren.

Wat d'Späichercapacitéiten ugeet, ass et keng Diskussioun, dass et do nach vill Aarbecht virun eis steet. Ech géing awer do och eng Kéier recommandéieren, sech e bëssen auserneenzesetzen, well de Stroumsystem, de Reseau ganz anescht ass haut, an och nach ganz anescht wäert sinn an zéng Joer wéi dat, wat mer soss aus der Vergaangenheet kannt hunn.

Et gëtt net e puer grouss zentral Plazen, déi an de Reseau speisen, mee jidderee vun eis consomméiert aus dem Reseau, speist an de Reseau. A wa mer vu Späichercapacitéite schwätzen, schwätze mer dowéinst vun den natierleche Späicheren, déi den Här Baum ugeschwat huet, vun de Batteriespäicheren, soe mer mol sou grouss Containeren, mee awer och zum Beispill vun de Späicheren, déi mer an den Autoen ëmmer méi hunn an déi och e Späicher sinn an déi och kënnen Energie erëm zeréckginn an de Reseau. An dat heescht, ech mengen, dass mer e bësse Kreativitéit brauchen, fir ze verstoen, wat do genau alles am Moment amgaangen ass, an deem Reseau ze geschéien.

Um Niveau vun der Energieberodung gëtt eng gutt Offer eigentlech och entre-temps op nationalem Niveau mat der Klima-Agence. An dat sinn awer och Saachen, wou mer och bei der Sudstroum d'ailleurs, mengen ech, eng realtiv gutt Prise en charge maachen. Och am Beräich vun eise Clienten, och am Beräich vun der Berodung, dat och maachen hei am Service écologique op der Gemeng. An dat och wëlle weider stäerken.

Voilà, ech mengen, dass mer elo zwou Stonnen diskutéiert hu fir eng Kapitalerhéijung vun 2 Milliounen. An dowéinst géing ech dann elo evitéieren, fir den Debat weider an d'Längt ze zéien.

Ech soen Iech Merci fir déi gutt Diskussioun. Ech freeë mech op déi nächst Kéier, wou mer dat kënnen diskutéieren. An ech bieden nach eng Kéier ëm Är Ënnerstëtzung a soen Iech Merci fir dee gudden Debat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff ↻ Daliah Scholl**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.1. Accord-cadre pour la location de fibres optiques, de gaines de câbles et d'espaces Rack ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventiounen. Den Här Zwally huet d'Wuert fir de Punkt 4.1.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm en Accord-cadre, dee mer wëllen elo maachen. Mir sinn elo amgaangen, iwwer Léisungen ze schwätzen. Ech hunn d'lescht Kéier schonn erkläert, wat et fir eis Reseaue bedeit. Dat ass hei ass ee vun deenen, haaptsächlech wat de Glasfaser ubelaangt. Déi Multitubulairen, déi mer leeën a wou mer da wëllen natierlech och Kompensatiounen herno kréien.

Ech wëll awer do e bëssen den Historique maache vun deem, wat dat eigentlech bedeit. Mir si säit zirka 50 Joer schafft d'Escher Gemeng mat der Eltrona zesummen, fir dem Escher Bierger e Signal vun der Gemeinschaftsantenn unzebidden.

Ugefaangen huet d'Gemeinschaftsantenn am Neiduerf. Et ginn Eelerer, déi kënne sech nach dorun erënneren, well et do quasi net méiglech war, e proppert Fernseesignal mat den deemolegen Daachantennen ze empfänken. Dofir gouf uewen um Gaalgebierg beim Déierepark eng Kappstatioun, eng Empfangstatioun mat engem héije Mast fir d'Antenne gebaut, wou dann am Ufank véier, dunn ëmmer méi a bis zu 24 Fernseeprogrammer empfaange konnte ginn.

Dat Signal ass an d'Neiduerf an d'Haiser gefouert ginn, a lues a lues ass dat Fernseenetz iwwer ganz Esch ausgebaut ginn. Dat huet dozou gefouert, dass all déi eenzel Daachantennen, déi d'Leit bei sech installéiert haten, un déi déi Eeler sech nach kënnen erënneren, déi Reechen, déi ronderëmstoungen, konnte komplett ofgebaut ginn.

Am Laf vun der Zäit huet d'Technik awer geännert an ëmmer méi Fernseeprogrammer, no bei haut iwwer 200, konnten iwwer d'Covax-Netz iwwerdroe ginn. Zousätzlech huet sech säit 2004 den Internet staark verbreet an d'Fernseenetzer sinn net nëmme benotzt ginn, fir e Fernseesignal ze iwwerdroen, mee d'Technik léisst et och zou, och Internetsignaler ze iwwerdroen.

Dat haut besteeënd hybrid Glasfaser-Covax-Netz weist bis haut nach keng Grenzen, wat d'Iwwerdroung vu Servicer ugeet, sou dass zur Zäit de Fernsee an och den Internet bis zu 1 Gbit/s zesumme kënnen iwwerdroe ginn.

Déi Glasfaserverbindunge mat hirer quasi onendlecher Bandbreet, déi iwwer Liichtsignaler iwwerdroe ginn, kënnen awer och fir vill aner Déngschter genotzt ginn.

Eise Service informatique fënnt zum Beispill all d'Gemengegebailechkeeten, d'Schoulen, d'Lycéeën, de Conservatoire, den Theater, d'Vël'Ok-Statiounen, Wifi-Antennen an d'Administratiounen iwwer dëse Reseau an iwwer e gemeinsame Knuetpunkt, deen um Prince Henri an engem impressionanten Datenzenter integréiert ass.

De Service Circulation verbënnt all d'Kräizungsluuchten iwwer dëse Reseau mateneen a ka sou zentral déi ganz Kräizunge steieren.

Wéi ass den aktuelle Status? Säit enger Rei vu Jore gëtt de Reseau awer och genotzt, fir aussesteeënd Clienten iwwer eist Netz ze verbannen. Esou notzt zum Beispill d'Police eist Netz, fir hir Stützpunkter ënnerteneen a mat hirer Zentral ze verbannen. Och d'Spidol, Restena a LuxConnect notzen eise Reseau fir hir Gebaier, Lycéeën an och aner national Strukture mateneen ze verbannen.

D'Eltrona selwer notzt eise Reseau awer och, fir hir Geschäftsstellen hei zu Esch an an den Nopeschgemengen ze verbannen an d'Internetsignal iwwer eise Knuetpunkt um Prince Henri op Monnerech a Rëmeleng weider ze transportéieren.

De ganze Reseau huet d'Escher Gemeng awer an de leschte Jore beträchtlech Zomme kascht – dat ass net fir näischt. A mir sinn der Meenung, dass déi Leeschtungen, déi d'Gemeng fir aner Utilisateure bréngt, sollen och deementsprechend remuneréiert ginn.

Dofir ass elo als éischt mat der Eltrona Kontrakt negociéiert ginn, déi d'Notzung vun den Infrastrukturen, vun de Reseaue soll ofdecken. Dëst betrëfft d'Locatioun vum Glasfaser, also d'Fiberen, eidel Réier, dat heescht d'Gainen fir d'Glasfaser oder och aner Kabelen dranzeleeën an d'Emplacementer an de Schief vum Prince Henri, fir d'Technik ze installéieren.

Et war e bëssen ëmständlech, fir de Kontrakt op d'Been ze setzen, well an deem Beräich normalerweis alles op technescht Englesch geet, wat dat Ganzt fir e Laien dach relativ onverständlech mécht. De Kontrakt huet missen op Franséisch erstallt a sou wäit technesch gebotzt ginn, dass e fir eis lieserlech a verständlech ass.

Entre-temps huet de CO vun der Eltrona gewiesselt. Well Eltrona ass net méi Eltrona selwer, mee ass un Telenet verkaf ginn. Dat alles huet e bësse gedauert, ass awer elo prett. An dat ass eng gutt Basis, fir d'nächst Joer weider Kontrakter mat aneren Utilisateuren unzegoen.

Well d'Ëmsetzung e bësse gedauert huet, ass am Kontrakt, e Contrat-cadre, eng Opschaffung vun de leschte fënnef Joer virgesinn, sou dass och fir d'Exercicer 2020-2023 eng Redevance unique fir d'Notzung vun eisen Infrastrukture berechent a festgeluecht ginn.

Ab elo gëtt dann all Joer am Ufank vum Joer gekuckt, wat d'Joer virdru vun Infrastrukture genotzt gouf an den aktuelle Marchéspräisser no un de jeeweilegen Utilisateur verrechent. Et sinn also e puer Pièce ze stëmmen: de Contrat-cadre, deen déi ganz Situatioun vun der Notzung vun eisen Infrastrukturen (Fibren, Gainen a Rackspacen) generell beschreift an de Precedent ofdeckt; dräi Contrat-particulieren, déi déi jeeweileg Infrastrukture beschreiwen; déi aktuell applizéiert Tariffer, wéi se am Contrat particulier festgehale sinn.

Bei enger Ännerung vun de Marchéspräisser ginn natierlech och déi Tariffer adaptéiert. En resumé gëtt domat de Passé duerch eng eemoleg Redevance vu 420.000 € ofgedeckt an un d'Eltrona verrechent an an Zukunft all Ufank vum Joer den Detail vun der Notzung fir dat vergaagent Joer definéiert a verrechent.

Et bleift also net bei dësem eenzege Kontrakt, mee et wäert d'nächst Joer nach e weidere Kontrakt fir similär Prestatioune mat der LuxConnect zum Beispill gemaach ginn, deen déi virdru genannt Clienten, déi landeswäit mateneen iwwer eist Netz verbonne sinn an och ofdeckt.

Sou elo sidd Der alleguerte midd. An ech och.

*(Gelaachs)*

Ech wëll awer zum Schluss eisem Direkter a senger Ekipp Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se geleescht hunn. Mir kënnen elo endlech sou wäit soen, datt mer och ufänken, Suen eranzekréien.

Här Schmit, mir kréien elo Finanzen eran.

An deem Sënn géing ech lech dann och bieden, deem Ganzen zouzestëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Trotz aller Middegkeet hutt Der dat gutt gemaach.
Ginn et Wuertmeldungen zu deem Punkt?
Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.2. Convention LASEP Esch ASBL ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hält den Här Zwally d'Wuert fir d'Konventioun mat der LASEP.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, dat ass dat, wat mer alljoers hei hunn. Déi Konventioun mat der LASEP.

Vläicht ganz kuerz nach: Et sinn 1.391 Kanner, déi ageschriwwe sinn. Dat si bei Wäitem ... mir hunn eigentlech déi gréisst Sektioun hei am Land.

Wéini ass déi Prestatioun? Dat geet vun dënschdes an donneschdes vu 14 bis 16 Auer, wou allkéiers Sportsaktivitéiten an den eenzele Schoulen an och an de Schwämmen ugebuede ginn.

Freides ginn och d'Kanner nach an der Mëttesstonn an de Brill an och an d'Lallenger Schoul, wou se dann do zesummekommen an encadréiert sinn. Et sinn aktuell 33 diploméiert Moniteuren, déi do am Asaz sinn.

Ech géif Iech dann och bieden, fir dës Konventioun, déi 180.000 € eis kascht, einfach zouzestëmmen. Merci villmools.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.3. Convention « Haus vum Vëlo » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Konventioun mam Haus fir de Vëlo. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Dat doten ass eng nei Konventioun, déi mer mam Haus vum Vëlo wëlle maachen.
Et handelt sech beim „Haus vum Vëlo" ëm e Projet, deen d'Fërderung vum Vëlofueren an der Fräizäit, mee och am Alldag an de Fokus setzt. De But ass et, eng Ulafstell fir Vëlosenthusiasten a fir déi breet Ëffentlechkeet ze schafe fir d'Sujeten, déi mam Vëlo ze dinn hunn.

Si hunn am Moment en Atelier op der Gare Belval. Si offréiere Reparaturen an Entretiens-Workshoppe fir de Grand public, Atelieren a Formatiounen iwwer d'Sécherheet beim Vëlofueren, Informatioun a Sensibiliséierung an deem dote Beräich.

Dofir wëll d'Stad Esch de Projet ënnerstëtzen an der Héicht vun 12.700 € fir d'Joer 2025, notamment als Participatioun un de Frais de fonctionnement. Et gouf unanime Ënnerstëtzung an der konsultativer Kommissioun. An an deem Sënn bieden ech och hei an deem heite Gremium ëm Är Ënnerstëtzung fir dës Konventioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.5. Convention concernant la mise en place d'une classe du CTSA ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer d'Konventioun mam CTSA. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Säit dem leschte Schouljoer hu mir eng Antenn vum CTSA, also vum Centre pour enfants et jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme, hei um Escher Territoire, notamment um Campus intergénérationel Wobrécken.

Mat dem Ufank vun dësem Schouljoer hu mer eng weider Antenn vum CTSA op Escher Territoire bäikritt, an zwar an der Lallenger Schoul, wou mer tëschent sechs an aacht Kanner kënne scolariséieren.

Dës Konventioun reegelt eigentlech déi praktesch Modalitéite vun der Zesummen-aarbecht tëscht dem Staat an der Stad Esch. An da méi prezis: D'Stad Esch stellt d'Raimlechkeeten zur Verfügung an iwwerhëlt d'Frais de fonctionnement, wéi mer dat jo och iwwerhuele fir de Rescht vum Enseignement fondamental.

An en contre-partie stellt de Staat Personal zur Verfügung an engagéiert sech, d'Plazen an den Escher CTSA-Klasse prioritär och fir Escher Schoulkanner zur Verfügung ze stellen. An eréischt an enger zweeter Etapp, wann an eiser Stad net genuch Besoin do wär, eréischt an enger zweeter Etapp dann opzemaachen och fir Kanner aus anere Gemengen.

An och hei géing ech ëm d'Ënnerstëtzung vum Conseil communal bieden.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.6. Convention de mise en œuvre du Pacte Logement 2.0. ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer en Avenant zu der Konventioun vum Pacte Logement 2.0.

Déi usprénglech Konventioun hu mer den 28. Abrëll 2023 hei unanime gestëmmt. Den Avenant ass elo eng Verännerung am Artikel 4 vun der initialer Konventioun, wou de Montant, dee mir zeréckbezuelt kréie fir de Poste vum Conseiller Logement, vun 260 op 380 Aarbechtsstonnen erhéicht gëtt.

Eise Conseiller Logement ass d'Madamm Fagot. Zu hire Missioune gehéiert ënner anerem d'Rapporten an d'Bilane fir de Plan d'action Logement opzesetzen, respektiv och fir Projeten ze definéieren an dann d'Finanzementer heivunner unzefroe beim Staat.

Dossieren, wou mer zousätzlech Subsiden an dësem Kader kruten, waren zum Beispill 4,73 Millioune fir d'Acquisitioun vum Terrain vun der Schoul „Rouder Lëns", dann 360.000 € fir de Prozess vun der Restrukturatioun vum Logementsservice, dee mer mat Resultance maachen, oder och 130.000 €, mat deene mer den Observatoire social zum Deel finanzéiert hunn.

Wat fir Projeten dat elo fir d'nächst Jore sinn, bleift nach ze definéieren.

Gëtt et Froen zu dësem Avenant? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5. Transactions immobilières

### 5.1. Acte de vente ente la Ville et Mme N.T. ; appartement 21, rue Florence Nightingale (lot 4N) ; décision

### 5.2. Acte de vente entre la Ville et M.-Mme R-P ; décision

### 5.3. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame M.-G. – appartement 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.4. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame M.-C. – appartement 52, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.5. Acte de vente entre la Ville et Monsieur et Madame G.-B. – maison 25, Rue Maria Mitchell (lot 7N) ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer scho bei d'Transactions immobilières. Där hu mer der haut fënnef am Dossier leien.

Als éischt hu mer en Acte de vente fir en Appartement mat Parking am Lot 4N an den Nonnewisen. Dee Compromis hate mer am Gemengerot vum 22. November unanime hei gestëmmt. Dat hei ass dann den dozou passenden Akt.

Am zweeten Akt verkafe mer eng Parkplaz am Lot 4N fir 30.000 €.

D'Punkte 5.3 a 5.4 sinn dann den néngten an den zéngte Compromis de vente, déi mer fir Appartementer am 6N an den Nonnewisen ënnerschreiwen. Een Appartement ass 88 $m^2$ mat zwou Kummeren am Bail emphytéotique fir 460.000 €. An een Appartement ass 100 $m^2$ mat dräi Kummeren am Bail emphytéotique fir 515.000 €.

An dann als lescht Transaktioun ofschléissend de Verkaf am Bail emphytéotique vun engem Haus am 7N an den Nonnewisen: 130 $m^2$ fir 655.000 €.

Gëtt et Wuertmeldungen zu den Transaktiounen? Au vote.

- ☑ Enesa Agovic
- ☑ Pascal Bermes
- ☑ Liz Braz
- ☑ Tammy Anna Broers
- ☑ Bruno Cavaleiro
- ☑ Ben Funck
- ☑ Pierre-Marc Knaff
- ☑ Sacha Pulli
- ☑ Mandy Ragni
- ☑ Dejvid Ramdedovic
- ☑ Bernard Schmit
- ☑ Daliah Scholl
- ☑ Meris Sehovic
- ☑ Jean Tonnar
- ☑ Christian Weis
- ☑ Joy Weyrich
- ☑ André Zwally

### 6.1. Questions de personnel

**6.1.A)1) Création d'un poste d'ingénieur diplômé dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A1, sous-groupe scientifique et technique, auprès du service électrique ; décision**

**6.1.A)2) Création d'un poste de chargé de production dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, auprès du théâtre municipal ; décision**

**6.1.A)3) Création d'un poste d'agent d'éducation au sein de la Maison relais dans le statut du salarié ; décision**

**6.1.A)4) Création d'un poste de chef d'équipe au sein du service des Espaces verts dans le statut du salarié ; décision**

**6.1.A)5) Création de cinq postes d'agents polyvalents au sein du service Nettoiement pour le nouveau Centre sportif dans le statut du salarié ; décision**

**6.1.B)1) Décision de classement de Mme R.P., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision**

**6.1.B)2) Décision de classement de Madame I.L., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service Logement ; décision**

**6.1.B)3) Décision de classement de Monsieur J.B.V., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service Bien communaux ; décision**

**6.1.C) Prolongation de stage de Monsieur Y.K., fonctionnaire C1 technique, Service informatique ; décision**

**6.1.D)1) Réduction de stage de Monsieur J.B., fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique ; décision**

**6.1.D)2) Réduction de stage de Monsieur Y.L., employé communal dans le groupe d'indemnité A2, groupe scientifique et technique ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir si beim Personal, den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Jo, mir hu Kreatiounen a Suppressionen ze maachen. Dat eent ass am Service Régie approvisionnement. Do maache mer eng Creation de poste vun engem Ingénieur diplômé am Statutt vum Employé communal.

Dann hu mer am Theater eng Kreatioun vum engem Poste de chargé de production, och am Statutt vum Employé communal. A gläichzäiteg dann awer och eng Suppression de conséquence. Dat heescht, wann de Remplacement da bis vollzunn ass, och vun engem Poste vum Employé communal am selwechte Grupp.

An de Maison-relaisen hu mer Creations ënner dem Regimm vum Salarié um Poste vum Auxiliaire de vie. An dann och gläichzäiteg eng Suppressioun méi spéit dann.

Beim Espaces verts hu mer d'Creation vun engem Chef d'équipe. Dat ass en neie Chef d'équipe, dee mer dohinner setzen. Deen encadréiert herno alleguer déi Leit, déi am RMG sinn.

Am Service Nettoiement, do hu mer fënnef Poste musse kreéieren, wann eis Sportshale bis opginn. Da wësst Der, wat dat och fir eis bedeit.

An dann hu mer an den Decisions de classement, dat sinn déi CDDen, déi mer d'lescht Kéier hei gestëmmt hunn. Do hu mer dräi Stéck, déi mer einfach mussen och klasséieren. Dir hutt den Detail do bei Iech leien. Dat ass am Conservatoire de musique, an dat ass am Service Logement an dat ass och am Service Biens communaux.

Eng Prolongation de stage. Dat ass een aus dem Service informatique, deen nach eng Kéier muss untrieden, fir säin Exame kënnen ze maachen.

An da Reductions de stage, zwou Stéck, déi mer dann och hei musse stëmmen. Dat eent ass am Service Architectes an dat anert ass an der Ekipp Relations publiques.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat war elo alles zesummen.

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Also mir kënnen de Vott och zesumme maachen.

Ech wëll just op eng Remark agoen, déi ech an der Personalkommissioun gemaach hunn. Et geet notamment drëm, mat der Publikatioun vun eise Posten, déi mer hunn. Ech mengen, et ass am Interêt vun eis alleguerten, dass mer déi bescht Kandidate kréien. Fir déi bescht Kandidaten ze kréien, muss et awer och accessibel sinn.

A leider Gottes war et elo sou, dass bei verschiddene Recherchen, déi ech gemaach hunn, op ville Plattformen net ze fanne war. Sief et GovJobs, bei FGFC.lu oder aneren. An ech krut och déi néideg Erklärungen an der Personalkommissioun.

Ech wär trotzdeem frou, wa mer souwuel vu politescher Säit wéi och vun der Gewerkschaftssäit Drock géife maache bei der Software, wou mer et hunn, mee wéi och bei der gewerkschaftlecher Säit op hirem Site maachen, dass mer déi Publikatioune sou breet wéi méiglech opmaachen, fir dass sou vill Leit wéi méiglech sech mellen an dass mer do e flotte Choix u Kandidate fir eis jeeweileg Posten hunn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Also mir hunn eis Instrumenter ginn, fir dat dote méi grouss eigentlech auszeschreiwen. Et kommen och ëmmer Instrumenter bäi.

Mir wëssen, dass op besteeënde Plattforme ganz technesch Beräich, déi do servéiert ginn, fir Ausschreiwungen ze maachen, wou och Leit sech do mellen.

Mee Dir wësst, dass mer erëm eng Kéier an der Diskussioun si vun deene fënnef verschiddene Statutten. Wa mer dat dann um Niveau vun der FGFC och wëlle weider kommunizéieren, plus Internetsite, plus, plus, plus.

Also mir si schonn do richteg up to date. A mir versichen dann awer Ärer Remark da Rechnung ze droen. A wann dann iergendwou eppes sollt vergiess ginn, mellt Iech einfach. Da kucke mer, fir dat weiderzeleeden. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 6.2. Office social ; question de personnel ; décision

### 6.2.1. Création de poste salarié à tâche intellectuelle A2 ; décision

### 6.2.2. Décision de classement E.M. ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Personalfroen am Office social. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn hei zwou Demande-avisen ze stëmmen. An zwar déi éischt geet et ëm eng Creation vun engem Poste à durée indéterminée, 30 Stonnen d'Woch. An zwar gëtt hei en hallwen ETP ersat, d'Madamm Linda Schranck , dat an d'Pensioun gaangen ass. An da 25 % Temps de travail, deen och nach disponibel war par rapport zum Contigent. Sou dass mer hei eng Kreatioun hu vu 75 %, 30 Stonnen d'Woch ze aviséieren.

An dann déi zweet geet et ëm d'Fixatioun vun der Karriär vun der Madamm Eichelberger Mélanie als Assistante sociale, wou hei och als Assistante sociale, classé au grade 11, échelon 7 dann dee Moment ze aviséiere gëtt.

Ech géing Ären Avis favorable froen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.1. Budget CIGL Esch 2024 et 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro behält d'Wuert fir de Budget vum CIGL Esch.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet hei ëm de CIGL Esch.

Wéi Der alleguer wësst, de CIGL Esch spillt eng wichteg Roll fir eis Gemeng, besonnesch am Beräich vun der lokaler Entwécklung an der sozialer Ënnerstëtzung. Als en integralen Deel vun eiser Gemeinschaft ënnerstëtzt de CIGL Esch Persounen, déi Schwieregkeeten hunn, sech am Aarbechtsmarché ze integréieren, duerch praktesch Projeten a Formatiounen.

De CIGL Esch huet eng breet Palett u Missiounen an Aktivitéiten, déi hiren Zweck erfëllen, fir eis Stad sozial, ëmweltfrëndlech a wirtschaftlech ze stäerken. Hir Haapt-aktivitéiten, déi Der alleguer kennt, sinn a verschidde Beräicher. Ech wäert déi elo net all hei ernimmen.

Mee de CIGL Esch ass, wéi gesot, e staarke Partner fir eis Gemeng a spillt eng entscheedend Roll, fir d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner ze verbesseren an déi sozial Kohäsioun ze stäerken.

Duerch seng Aktiounen, déi de CIGL aktiv zur Schafung vu Beschäftegungsméiglechkeete bäi a verbessert d'Liewensqualitéit an eiser Stad. Besonnesch de Service vun der, wéi gesot, vun eisem Geméisgaart, mee awer och aner Aktivitéite ronderëm eis Parkinfrastrukturen an och d'Aide à la personne, déi Der alleguer kennt.

De Budget 2024/2025 setzt sech dofir Prioritéiten op d'Stäerkung vun déser sozialer Missioun a garantéiert eng weider Ënnerstëtzung fir déi essentiell Projeten an Initiativen vum CIGL, déi am Déngscht vun de Bierger vun Esch stinn.

De Budget hutt Der jo gesinn. 2024 hat de CIGL Esch, wéi gesot, e globale Budget, deen d'Gemeng impaktéiert huet, fir op e Betrag 1.715.738,08 € HTVA. A fir 2025 si mer do op e Budget fir d'Stad Esch vun 1.878.095,01 €.

Wéi Der gesitt ass et eng Croissance par rapport zu 2024 vu 5 %, déi am Fong geholl och d'Masse salariale oder d'Indexatioun vun de Salairen och deckt. An deem Betrag ass och de Projet, eis Participatioun am Projet „IntegraVert", dat ass en Interregs-Projet, dee mer och mat, wéi gesot, eiser Regioun, mam Saarland, mat der Lorraine och deelen a mer eis do am Kader vum, grad hei zu Esch, „Ville mangeable", och participéieren.

Dat ass de Budget, dee mer haut ze votéieren hunn. An ech géif Är Ënnerstëtzung dofir froen, fir deen och matzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Gëtt et Froen zu deem Punkt? Au vote.

- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.2.1. Relevé et rôle principal de l'impôt foncier ; décision

### 7.2.2.1. Rôle supplétif de l'impôt foncier 2020 à 2024 ; décision

### 7.2.2.2. Rôle supplétif de l'impôt foncier pour les exercices 2023 et 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Relevé vum Rôle principal vum Impôt foncier. Dat hat Der am Dossier bäileien.

Ginn et Remarken heizou? Dann au vote. Also fir se alleguer zesummen. D'Relevéen an d'Rôlen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.3.1. Subsides ordinaires ; décision

### 7.3.2. Subsides extraordinaires ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Subsiden.

Do hu mer als éischt ordinär Subside virleien. Zéng Stéck, déi ausbezuelt gi fir Associatiounen, déi am Bildungsberäich aktiv sinn. Dat sinn zum Beispill déi dräi Scoutsgruppen um Escher Terrain oder d'Elterevereenegungen, déi dann alleguerten 250 € géinge kréien, sou wéi d'Schoulkommissioun dat proposéiert.

An dann hu mer awer och en extraordinäre Subsid, dee mer wéilte proposéieren, wou mer gären e Filmprojet wéilten ënnerstëtzen. Et ass esou, dass en Här un eis erugetrueden ass, deen en Documentaire dréint iwwer de Gast Rollinger. An ech wëll elo kee groussen Discours iwwer d'kënschtlerescht Wierke vum Gast hei halen, mee awer mäi Respekt virun der Persoun vum Gast Rollinger ausdrécken.

Ech denke mam Depart vum Gast huet sécherlech e Stéck Hiehl och d'Stad Esch verlooss. A sou en Documentaire ass e flotten a passenden Hommage fir de Lycéesproffesser, Schrëftsteller a Filmregisseur.

An deem Sënn proposéiere mer dann och en extraordinäre Subsid iwwer 10.000 € auszebezuelen, fir bei der Produktioun hei bäizewierken.

Hutt Dir eppes bäizefügen dozou, Här Zwally?

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Nee, et ass alles okee.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Alles gesot. Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Oder Froen? Dann au vote fir d'Subsiden.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8.1. Règlements communaux de circulation ; adoptions ; décision

### 8.1.1. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; boulevard J.F. Kennedy ; décision

### 8.1.2. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; boulevard G.-D. Charlotte ; décision

### 8.1.3. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Place de l'Exposition ; décision

### 8.1.4. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue Victor Hugo ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mer komme bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech géing proposéieren, dass mer all d'permanent Ännerungen am Règlement de la circulation vläicht en bloc diskutéieren a votéieren. An dann duerno eriwwerginn op déi temporär. Wann dat an der Rei ass. Okee.

Da bei de permanenten Ännerungen hu mer eng Kéier um Boulevard J.F. Kennedy d'Situatioun gehat, dass e Kiss-and-Go, wat d'Auerzäiten ugeet, falsch reglementéiert war. Dat korrigéiere mer.

Mir hunn um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte eng kleng Modifikatioun gemaach, oder wëlle maachen, well de Bypass vun der

Lallenger Kierch kommend Richtung Lalleng net méi do ass. An do hu mer no Ofsprooch mat Ponts & Chaussées den obligatoresche Rietsofbéier um Boulevard Charlotte aus der Rue Dokter Knaff eliminéiert.

Dann hu mer Reglementatiounen, wat de Parkraum ugeet, am Zesummenhang mat der Installatioun vun neien elektresche Bornen. Hei geet et eng Kéier ëm d'Place de l'Exposition an eng Kéier ëm d'Place Benelux, wou op der enger Säit zousätzlech Parkplaze reglementéiert gi fir Borne vun CFL Flex.

Dir erënnert Iech, dass mer do de Committment gemaach hunn, dass mer dee Fuerpark elektrifizéieren. Prekonditioun dofir ass d'Installatioun vu Bornen. An dat ass op der Place de l'Exposition scho geschitt d'lescht Woch. An op der Place Benelux ass dat imminent, an dofir musse mer dann d'Verkéiersreglementer upassen. Dëst wéi gesot op der Place Benelux an op der Place de l'Exposition.

An dann hu mer nach eng Ännerung och am Parkraum Rue Victor Hugo. Ech hat do eng Reunioun mat de Residenten aus der Rue du Nord, déi mech effektiv drop higewisen hunn, dass an der Rue Victor Hugo nach aus alen Zäiten eng Zone de livraison reglementéiert ass, déi haut awer net méi noutwendeg ass an net méi genotzt gëtt.

Déi huele mer also ewech an dann, haalt Iech fest, schafe mer dräi nei Parkplazen. Also gëtt et och Grénger, déi zousätzleche Parkraum maachen.

Voilà, ech géing ëm Är Ënnerstëtzung bieden.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.2.1 Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

### 8.2.2. Modification temporaire du règlement de la circulation – Boulevard du Jazz ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann déi temporär Verkéiersreglementer, Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech géing och hei proposéieren, dass mer déi zwee zesummen en bloc diskutéieren a votéieren.

Et geet eng Kéier ëm d'Confirmatioun vun engem temporäre Reglement op der 44, Kanalstrooss, wou virum Gebai 44 Travauxe gemaach ginn, wat den Amenagement exterieur ugeet vum Gebai.

An dann eng temporär Modifikatioun vum Règlement de la circulation um Boulevard du Jazz um Belval. Virun allem fir d'Installatioun vun engem Chantierskran ze erméiglechen. Do ass den Trottoir op der Säit vum Chantier temporär net ze benotze wéinst där Installatioun a wéinst den Accèsen op de Chantier.

Och hei bieden ech ëm Är Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9.1. Contrats de bail et avenants ; décision

## 9.2. Contrats de bail et avenants GLS ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Contrat-de-bailen.

Do ass et sou, dass mer als éischt en neie Kontrakt virleien hu fir eng Sozialwunneng op der Leier.

An dann hu mer och e Kontrakt fir eng GLS-Wunneng an der Rue Jean l'Aveugle virleien. Do ass et sou, dass mer à la fois e Kontrakt virleien hunn, dee mir ënnerschreiwe mam Proprietär vum Haus, souwéi och de Kontrakt, dee mer ënnerschreiwen da mam Sous-locataire oder mam Locataire social, deen dann an dëst Haus eraplënnert mat senger Famill.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes ↻ Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Liz Braz ↻ Steve Faltz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ofschléissend hu mer da Verännerungen an de Kommissiounen.

Do ass et op der enger Säit bei der LSAP d'Madamm Braz, déi aus enger Rëtsch Kommissiounen erausgeet. An der Stad-entwécklung, an der Sportkommissioun an an der Commission juridique ass se dann net méi Member. Se gëtt ersat duerch d'Damme Mona Fernandes respektiv den Här Avdic an de verschiddene Kommissiounen.

Dann ass et bei de Gréngen den Här Admir Sijaric, deen d'Madamm Lefort an der Ëmweltkommissioun wäert ersetzen.

Wann et keng Wuertmeldunge gëtt, da stëmme mer per Ziedel of. Au vote.

**[Vott; 16 Jo]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer och bei dësem net ze komplexen Exercice 16 Mol Oui erauskritt, woumadder mer dës Sëtzung kënnen ofschléissen.

Ech wënschen Iech dann am Numm vum Schäfferot alleguerte schéi Feierdeeg, e gudden Ofschloss fir dëst Joer. Bleift gesond. Profitéiert vun dësen Deeg an da gesi mer eis am nächste Joer 2025 erëm.

Ganz schéinen Dag nach.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV